

I Bild

E gro'ssen Raum an der Burg. Am Pong eng Balkonsdir de'an de Park fe'ert. Op all Seit eng Dir. Al Miwel, Secetaire, Desch, Still, Klengen Desch fir ofzeserve'eren, al Auer op enger Cheminée, Seil mat enger Buste drop. (Dât Ganzt muss en alno'de-schen Androck machen) E Portrait fun Minister hängt eso', datt d'Leit en all gut gesin. Et ass O es 7 Auer, d'Petrollsluchten an d'Kerzen san ugefängen, ewell op der Burg get et nach kan Elektresch. D'Nuechtiessen gét op en Enn T. Germaine an d'Véronique setzen an der Mött fun Dösch, d'Odile an d'Brigitte je op all Seit.

I. Scène: Tante Germaine-Véronique-Brigitte-Odile

- T. Germaine: (nnerhâlen sech) Brode'eren ass en Gedoldsarbecht, mei le'ft Odile, gerad eso' owe' hückelen. Muer muss du dât alles erôm opmachen wâts Du verrubbelt hues.
- Odile: Jo, Tante Germaine.
- T. Germaine: D'Véronique hôleft Dir.
- Véronique: Jo, Madame, mir mâchen dât nach an d'Rei e'er mir ufänken d'Gaumen ze üben.
- T. Germaine: Brigitte, Du mechs Fortschrötter mat Dengen Mólereien. Du hues des Ke'er e'lecklechen Sujet gewielt.
- Véronique: (an extase) Oh, de Peiperleck op der Mo's.... Gellt Dir Madame.
- T. Germaine: D'Fârwen hues de gut gewielt.
- Véronique: Ech hát dem Brigitte de' Idee mam Peiperleck gin.
- T. Germaine: Eng gut Idee! Mais dén greisslechen Schléck op der Mauer passt net an d'Bild.
- Véronique: Aha, gesit der Brigitte. Ech hát Iech et jo gleich gesôt. Dé Schléck ass ellen. Dé ganzen Effet gét verluer durch dé Schléck. Mon Dieu, mon Dieu.
- Brigitte: Mais Tante Germaine, am Gârd sin dach och Schlécken.
- T. Germaine: Et ass aver net ne'deg de' och nach op e Bild ze môlen.
- Véronique: Et ass déplace'ert! Hiewt eso' engem sche'nen Peiperleck.
- Brigitte: Ech duecht fir de Kontrast....
- T. Germaine: D'Kontrasten soll en vermeiden, mei le'ft Brigitte. Bei den Kontrasten fällt en ze vill schnell fun engem extreme an dén âneren, an et könnt en nach un dengem gudden Goût zweifelen. Versich Sâchen ze môlen, de' zesummen harmonise'eren. Zum Beispiel peiperlecken, Villercher op engem âscht, de Mond ivert engem See....
- Véronique: Eng Kirch am Schne'... Oh, dât môlen mir de' nächste Ke'er, Dir wârt gesin.
- T. Germaine: Nach epuer Champignons?
- Brigitte: Jo, Tante Germaine.
- T. Germaine: An Du, Odile?
- Odile: Jo, Tante Germaine.
- T. Germaine: Ech serve'eren Iech, während d'Véronique no der Lucht kuckt de' dâmpft. (Serve'ert d'Médercher)
- Véronique: (während hat no der Lucht kuckt) Mengt Dir Madame, et könnt en et ver-antworten, nach eng Ke'er fun déne Champignons z'iessen.
- T. Germaine: Allons, mei gut Véronique, Dir wârt dach net erôm ufänken. De' Champignons de' den Strengs Nikki eis all Ioch bringt, woren nach ömmef gut. Elo iesst Dir der schon 30 Joer lang während der Saison, an 30 Joer lang ziddert Dir, Dir kennt vergeft gin.
- Véronique: Haut den Owend hun se aver eso' eng gelungen Fârwe.
- T. Germaine: (lâcht) Eng gelunge Fârwe. Dir drémt mein ârat Véronique. Passt op. èr Phantasie spillt Iech erôm eng Ke'er en Stréck.
- Véronique: Meng Phantasie. Jo t'ass wo'er, sie gét heiansdo mat mir derduerch.... Oh, Madame, ech gesin Iech schon bléck am Gesicht, apatesch.... an de' aren Kanner rondôm Iech de' we'meren a be'en sech fun Peng. (d'Médercher lâchen)

- T.Germaine: (lâcht och) Genug, genug, Véronique, halt op.
Véronique: Gléft mer es, Madame, follegt mir, geheit se ewech, de' unerwünschten-verdächtig Champignons. Ech spieren et, opschons ech der nömmechen op puer geschmâcht hun, ech spieren, et get mer net gut, hei, an hei, an hei. Mon Dieu, mir stierwen alleguer!
(d'Nédércher lâchen)
- T.Germaine: Hei le'ft Véronique. Dir spiert ewell 30 Joer lîng dât selwecht. all Ke'er wann mir Champignons iessen. Dât könnt alles nömmechen fun ère Nervosité't.
- Odile: Sie huet erôm den Dadder. (hâllt d'Hand virun de Mond, et ge't é Moment ganz ro'eg, so'we'wann de Blôtz ageschloen hätt)
- T.Germaine: (ganz streng) Odile. Du erlabs Dir iwer Dösch ze schuetzen, o'ni dat én doch eppes gefrôt huet?
- Véronique: (ziddert) Ou la la!
- T.Germaine: An dann de' Mane'er fir sech auszedrecken. Eso' eppes soll é feint Jongdmédchen nach nie he'eren hun, geschweig nach selwer sôen.
- Véronique: Mon Dieu, mon Dieu.
- T.Germaine: We' wor dât, we' has Du dât gesôt?
(Odile äntwert net, t'ass ganz erschreckt)
- Véronique: (iwerzegt) et ass greisslech.
- T.Germaine: (zum Odile) allez, widerhuol dât nach eng Ke'er.
(Odile sét neischt, beckt de Kapp)
- Brigitte: (ganz schei) Hat sôt: Sie huet den Dadder.
- T.Germaine: Den Dadder, we' Brigitte, kenns Du och déen ellenen Ausdrock? Dir on lecklech Kanner, a wo'huet Dir én eso' schuetzen gehe'ert? Drecken ech mech vielleicht eso' zweifelhaft aus?
- Brigitte+
Odile: O nén Tante Germaine.
- T.Germaine: Ech huelen net un dat er Le'herin, d'Joffer Thinnés eso' schwätzt.
- Brigitte+
Odile: Nén, Tante Germaine.
- T.Germaine: Also, wo'hir könnt dann de' Art a Weis ze schwätzen bis op d'Burg, ons Burg eso' verlöss, eso'weit ewech fun dér schlechter, dér moderner Welt
- Odile: Ech wéss et net, Tante Germaine, et ass komu, einfach, durch d'Loft....
- T.Germaine: Durch d'Loft?... Véronique, ech hât Iech et schons eng Ke'er gesôt, Dir sollt de' zwé Nédércher net zevill oft mam Annette zesammen schwätzen lôssen. Et ass ké schlecht Médchen. d'Annette, mais hat wunnt am Duerf, an do get et fun eso' villem beeinflusst, a seng Art a Weis ze schwätzen le'sst oft ze wônschen iwreg. Hoffentlech dât et mir net én Dâg lét, hat als Dengschtmédchen op d'Burg geholl ze hun. Denkt un dât wat ech Iech elo gesôt hun, Véronique, Dir sit meng Gouvernante an d' Gouvernante fun dénen zwé Nédércher do.
- Véronique: Mais Madame... ech verse'cheren Iech... ech... ech hun dât do nach nie he'eren sôen. Oh, dat ass eng Katastroph, ech sin verzweifelt. Dât én Owend ass dât hei... Mon Dieu, mon Dieu....
- T.Germaine: T'gét duer, Véronique. An Iech zwé léen ech nach eng Ke'er stark un d'Herz de' modern Art a Weis ze schwätzen, net me'ze gebrauchen. D'jongt Médchen, dât eppes op sein gudden Ruff hâllt, an dât wôllt bei dénen âneren Familjen unerkant gin, dât muss oppassen ewe' et schwätzt mengt Dir, e feine Jong geng sech fir Iech interesse'eren, wann Dir eso' Ausdrock gebraucht. Odile, entschölleg Dech.
- Odile: (stét op a mecht e Klenge Knicks) Ech bieden Iech ön Entschöllegung, Tante Germaine.
- T.Germaine: T'ass gut moi Kand. (Odile setzt sech) Mâch et ni me' ewell Du gengs mir domat misär mâchen.
- Brigitte+
Odile: Oh, Tante Germaine!
- T.Germaine: (me'douce) Et ass mer eso' Angscht fir Iech, meng Kanner! D'Lieven fun haut ass voller Geföhren, et erschreckt mech. Ech geng am le'fsten eng Hauer fun Prinzipien rondôm Iech bauen, eso'eng he'ch, dat niemols d'Neierungen fun de'sem Johrhonnert bis un Iech erun ke'men.

- Véronique: Mir sin eso' gut hei op der Burg, weit ewech fun den Ausschweifunge: dem Verbuedenem, dem Onrégelme'ssegem... fun Allen.
- T.Germaine: An trotzdem sin der de' des Burg verlöss hun zu hirem égenen Schue: (ro'eg) elt kén me' e puer Champignons?
- Véronique: (ofwierend) Oh nén, mon Dieu!
- T.Germaine: Et kann én de Berta sôen, datt seng Champignons erôm gut geschmâcht hun.
- Véronique: D'Berta war awer den Howend an der Kichen net gut gelaunt, ewe' et se prepare'ert huet, wann Dir et gesin hätt d'Messeren schleifen... Brrrr! fir ass d'Hengerhaut aus gang! Et hât ball d' Kâtz verbrannt, ewe' et en Döppen kachend Wässer fun Feier gezun huet, an... we' et d'Champignons an eng Kasserol geschott huet, hun ech et he'eren lues soen: "Ah, Dir Onglecks-Champignons!"
- T.Germaine: An op de' Wieder hut Dir e ganzt Drâna opgebaut. Arnt Véronique, Dir sit onverbesserlech! D'Berta hât bestômmt erôm eppes vergiess ze salzen, an et huet sech den Momont drun erönnert, dofir war hat schlecht gelaunt. Véronique, Dir hut virun allem Angscht. Wann e Biesem ömmfällt, wann d'Kâchin d'Messeren schleift, wann eng Kâtz e Kné-el Woll fâlen le'sst, wann eng Klack ufängt ze lauden, dann gerôt Dir direkt an Pânik.
- Véronique: Oh, Madame, ech fârtén awer net. Ech sin nônnen virsichtig.
- T.Germaine: (lâcht) Jo, jo mir wössen et. -Schellt, fir dat d'Annette den Dessert serve'ert.
- Véronique: (schellt) d'Odile huet haut d'Târt gebâck.
- T.Germaine: Ganz gut. Dann schmâchen mir de'elo emol. Hut Dir geschellt, Véronique (Annette könnst cran. E jongt Médchen, lange Rack, âlmo'desch, so'we'de Hédercher hir, woisst schirtég. spôtzen Hauf. Et muss én mirken, datt et sech verklét virkönnst.)

II Scène: T.Germaine-Véronique-Brigitte-Odile-Annette.

- Annette: (dre'ht den Târténplateau ganz he'ch) Hei ass der Joffer Odile hirt Prachtsteck.
- T.Germaine: T'ass gut, t'ass gut Annette! Fir halt dir den Plateau eso' he'ch?
- Annette: (setzt de Plateau ne'er) Mais dât war fir dat d'Iwerraschung me' lang soll daueren. Mais t'ass dach egal ewe' én en dre't, d'Hauptsach ass, en ass gut gelandt...
- T.Germaine: (z'ht d'Schölleren) Gelandt!... Dir hut och d'Messer vergiess fir d'Tart ze schneiden.
- Annette: Oh, a wuer hun ech dât dann erôm hingetesselt. (föndt et op dem Döschelchen) Hei ass et, Madame.
- T.Germaine: Wât én service! (zum Annette wât wöllt fortgoen) Wât nach, ech schneiden d'Târt gleich op, dann könnst Dir gleich é Steck fir Iech an fir d'Berta mathuelen.
- Annette: Jo, Madame.
- T.Germaine: (schneid d'Târt) Hut Dir de' Strömp nach net krit, de' ech fir Iech crausgeluegt hun?
- Annette: Sche'n, schwârz, cottengs Strömp?... dach Madame.
- T.Germaine: Passen se Iech?
- Annette: (verléen) Dât héscht... et ass... ech mengen... ech wöll soen, an déer Hezt an an dèr Sonn... ech hun sr nach net ugomôsst.
- T.Germaine: So' lang Dir hei op der Burg sit, dôt Dir de' Strömp un. Ech halen drop, datt hei e gewössen Grad fun Anstand bewacht get. Dât sin keng Sachen, we's'et hautjesdâg machen, plackeg ewe' Insekten dorömmen zelafeni!
- Annette: (le'f) Ech sin kém Insekt.
- T.Germaine: T'gét duer, hei ass éert Steck Tarte.
- Annette: Merci, Madame.
- T.Germaine: An hei e Steck fir d'Berta.

- Annette: Gut, Madame.
- T.Germaine: Dir sôt zum Berta, ech nist direkt nôh-Iessen nach mat hin schwätzen
- Annette: Jo, Madame (gét aus)
- T.Germaine: (riffet et zreck) Ah, Annette, sôt emol, wat héscht dât "Wie huet den Dadder"?
- Annette: (I.Moment paff, dann ganz einfach) Majo Madame, den Dadder....
- T.Germaine: Ja, den Dadder, wât héscht dât?
- Annette: Majo...dât asswann engem d'Zoupapp gét.
(Brigitte + Odile können bâl net me' fun lachen)
- T.Germaine: (skandalise'ert) Et got nach ômmen besser, mech treift de Schlag, de' Jugend fun haut. Onglocklecht Kand, a wuer git Dir nômmen all de' Aus dreck sichen? Mâcht Dir dat express fir mengem Liècen se beizebrenge?
- Annette: Oh, nén Madame.
- T.Germaine: An dém Fall wâr et nâhmlech meng Pflicht èren Papp dat ze soen, an Iech crôm fun hei fortzeschecken.
- Annette: (de Kapp gobe'ckt) Nén, Madame, macht dât net, dann wâr mein Papp traureg
- T.Germaine: Ech geng dem Pappa Streng net gäre we' doen. Mir können ons schons eso' lang+Ech hun hien eso' oft gesin Holz haen a meng Böscher. Et ass e brave Mann, ère Papp, Annette, obschons hien heiansdo ganz revolutionär gedanken huet.
- Véronique: T'ass wo'er, a wann hien ons eng Ke'er un de Galgen ge'ng brengen, mon Dieu.
- T.Germaine: Ma Véronique!
- Véronique: Ech he'eren d'Gercisch fun der Guillotine, de' lues a lues craf gét... d'Wirbelen fun den Tromben...ech spieren dât kâlt Eisen fun Messer, oh Höllef, Höllef, sauve qui peu...Madame, se'er kommt mir verstoppen ons!
- T.Germaine: Véronique, fänkt Dir crôm un mat èren Extravaganzen?
- Véronique: (könnt zo' sech) Nén, nén, ...ech, elo...ech hât nômmen eso' gestt....
- Annette: Mei Papp ge'ng op Jiddefall kengem Mönch opges zu léd doen, a traire, hien wöllt, jid'eren war glocklech.
- T.Germaine: T'ass gut mei Kand. Denkt e be'schen no iver dât, wât ech Iech sôt hun, a versicht Iech sche'n mane'erlech ze behuelen, an durch èrt Schwätzen fein ze wierken. Dir sit ômmenkin schons avance'ert am Dengscht, an dârfst d'Iessen serve'eren. An dann ômmenhalt Iech net ze vill oft mat de Jofferen do. Et ass net ne' deg, dat sie alles wössen wât zu Granzen gemach get an we' se do schwätzen.
- Annette: Oh, Granzen ass keng Grosstädt, Madame.
- T.Germaine: Nén, mais et ass eng Uertschaft de' songem Gennegang entge'nt gét, gené owe' all de' âner hautjesdâgs.
- Annette: Et firt emol kén Zug do.
- T.Germaine: Gott behitt eis! Ien fun enger Gare schwätzt, denkt un e Café, a wien fun engem Café schwätzt, dén denkt un vill drenken.
- Véronique: E Fôlert, Oh, mon Dieu. Ech ge'ng le'wer op der Platz stierwen we'so' engem ze bege'nen.
- T.Germaine: T'ass gut Véronique, T'ass an der Rei! Annette, huet elo èr Tarte mat an d'Kichen an dann serve'ert Dir den Thé.
- Annette: Jo, Madame. (wöllt zur Dir aus goen, könnt dann awer crôm) Madame, wann ech ferdeg sin mat serve'eren, dârf ech dann dé Fueskostüm hei crôm ausdoen?
- T.Germaine: (be's) Dé Fueskostüm, mais Annette, dat ass dach kón Fueskostüm. Fun do un dat ech wéss, waren meng Dengschtmédercher nach ômmen eso' geklét.
- Annette: Jo, nômmen ech, fir crôm mam Velo hém zefueren. Ech färten, op émol kommen d'Honn mir nogelâf....
- T.Germaine: Gut, da lósst Dir dât gezei hei, an dôt et nuerges direkt un wann Dir kommt. Nu gitt.
- Annette: (dre'ht sech e puar mol rondôm an déne lânge Hléder) Jo madame... (Annette fort)

III Scène: T.Germaine- Brigitte - Odile - Véronique.

- T.Germaine: Ah, et dét mer Léd, dat mir onst Marie net me' hun. Ah jo, d'Dengscht-médercher dierften eigentlech net ál gin, mir iwregens och net.
- Véronique: Et war én eso' ro'eg mam Marie! Hat war eso' ewe' mir.
- T.Germaine: Jo... Meng Komplimenter, Odile, deng Tarte ass gut geroden. den Dég as gut gebâck, mais net ze hart. d'Frichten könnte vleicht e be'schen me' gezeckert sin.
- Odile: Ech wéss, Tante, mais de's Zeit, den Zocker ass deier.....
- T.Germaine: Leider... Hat wât ass den Dég gemach.
- Odile: Hat Margarine... an enger Hoss Botter...
- T.Germaine: Wat en Armut. Meng arem Kanner, wann mir eso' eppes èrem verstuere wene! Monni Bernard seve'ert hätten, dén hätt serve't ausgedoen a wâr direl fum Dösch oggestân. Margarine. De Minister Bernard huet während sengem ganze Liewen dat hurt net gehe'ert.
- Véronique: Wât é Glect dat en do't ass!
- T.Germaine: (schocke'ert) We'?
- Véronique: (schnell) Nén... ech wöll soen, gut dat en do't ass, virum Margarine d. k E'er mir mat Margarine hun nissen bâcken.
- T.Germaine: Ah só'

IV Scène: T.Germaine-Brigitte-Odile-Véronique-Annette.

- Annette: (mat engem Plateau wo' Tâsen mat Thé drop stin) Hei könnt den Thé.
- T.Germaine: Hei ass den Thé, sét én, Annette, an nach besser, et sét én iwerhapt neischt.
- Annette: (setzt d'Tâsen nidder) Jo madame... Hei ass... elo... hei ass neischt. (setzt den Zocker dohin)
- T.Germaine (De' hir Tâss cidel drenkt) Ech gin elo bei d'Berta. Dir kënnt dem ôfraumen, Annette,
- Annette: Jo, Madame. (T.Germaine fâlt hir serve't, stét dann op! an dann stinn och all de' aner op)
- T.Germaine: Muer ass dein Dag fir ze backen, Brigitte. Versich eppes guddes ze machen, trotz den Aschränkungen fun der heiteger Zeit.
- Brigitte: Ech mache mei Bescht, Tante Germaine.
- T.Germaine: Huet er Handarbechten erbei, Kanner. An der Ucht liest d'Véronique ons nach e Kapitel aus dem Buch dat mer ugefangen hun. Bis derno.
- Brigitte+ Odile: (eng kleng Reverenz) Bis derno, Tante Germaine. (Tante Germaine aus)

V Scène: Odile - Brigitte - Annette - Véronique.

- (d'Odile an d'Brigitte setzen sech bei d'Cheminée fir ze schaffen. D'Véronique bringt d'Petrollslucht mat erwer. D'Annette bekuckt sech de' álpo'desch Installatio'n mol un, dann ze't et eng Ke'ler d' Schölleren.)
- Annette: (fir sech) Et fillt én sech zreckesât an de Hüttelalter.
- Véronique: Wât sôt Dir, Annette?
- Annette: Ech? Ech raumen den Dösch of, Joffer Véronique.
- Véronique: Tommelt Iech e be'schen, an' denkt drun, wât d'Madame Iech gesôt huet, kén Discours mat dénen Jofferen.
- Annette: Ou la la .
- Véronique: (dat nom Buch fir virzeliesen gesicht huet) Ah, mon Dieu, hei hun ech dem Berta sei Buch nach mat den Ofrechnungen, an d'Madame ass dinidden bei him. Sie geseit et secher gären - D'Berta huet et net, dat get e Wuertwiessel, et gin hart wieder gesôt. Oh, we' pénibel. Ech gin schnell of him et droen. (d'Véronique ass währchd dén ganz opgerégt ausgangen)

VI Scène: Odile - Brigitte - Annette.

- (hâlen op mat schaffen, bekucken sech allen drei an stin op)
- Annette: Uff, dé ganzen Musée ass verschwonnen. elo kann én endlech emol op-otmen!
- Brigitte: Schnell Annette, ziel ons eppes e'er sie erö. kommen.
- Odile: Jo, erziel ons ewe' et haut dobaussen an der Welt ass. Zenter dénen zwé He'nt wo's du bei ons bass, ass et grad ewe' wann eng Dir zu enger anerer Welt opgange wir.
- Annette: Gut! Also, de Racing klappt den Red Star mat 6 zu 4... .
- Brigitte: Dât ass dât Dengen....do man Fo'ss?...
- Annette: Football, jo. De Marcel Coq huet den Siki-Morice an 3 Ronnen knock out geschloen....
- Odile: Mat de Feischt?.....Dât ass....Boxmatch.
- Annette: Bravo! De Schleck ass haut dén I.am Tour de France gin....
- Brigitte: Do kommen mir net me' no.
- Annette: Ech erklären Iech dât nach. Ah, un Radio get en neien Schlager gespielt wann Dir dén gengt he'eren. (et sengt irgend én neien Schläger an danzt dobei) Lalala..tralalala...lalalala....
- Odile: Wat ass dat en drolegen Danz+
- Annette: Dat ass nach neischt...Ah nach eppes. D'Marleen Swanegget mam Tilly Baltinor bestued....
- Odile: Wien sin de' dann?
- Annette: Ma dat sin zwé amerikanesch vedetten, aus dem Kino.
- Brigitte: Mir waren nach nie an engem Kino.
- Annette: Net me'gleich. Mais dir liewt jo hei schlömmen ewe' beim Dornre'schen. Dat huet we'nenstens 100 Joer geschlof fir d'Zeit eröm ze kre'ien. Hei, ech hun Iech nach epuer Biller matbruecht....
- Odile: Wat eng Chance.
- Brigitte: Ass et én Album?
- Annette: Nén, eng illustre'ert, eso' nennt én dat. Kuckt hei: "Femmes d'aujourd'hui." Et ass grad en Artikel dran iwert de' Fra wo' ech Iech d'leschte Ke'er derfun geschwat hat, d'Madame Johnny.....
- Brigitte: De' Pilotin? Ge'f schnell heihin.
(Sie becken sech allen drei iwert d'Zeitung a kucken)
- Odile: Lauschtert. kent net én d'Trap erop?
- Brigitte: (versicht se'er d'Zeitung ze verstoppen) d'Véronique an d'Tante Germaine! Se'er mir sin verluer!
- Annette: (wat zur Dir ausgelusst huet) Ma nén, ma nén, d'Loft ass reng. De 18. Jertelalter ass nach donidden! Ech lëssen d'Dir e be'schen op, dann he'eren mir sie opdauchen.
- Odile: Huet d'Zeitung eröm erbei geholl) Kuckt hei, d'Madame Johnny ewe' se aus hirem Aeroplän crausklömmat.
- Annette: Wo' craus?
- Odile: Majo...aus...aus hirem.....
- Annette: Aus hirem Piper -hirem Flioger.
- Brigitte: (liest) "Monsieur et Madame Johnny qui ont tant de fois été porter la vie dans les coins du globe les plus perdus, s'apprentent à remonter dans leur appareil "le Bienvenu" (schwätzt) Hei kuck emol, Odile, sie sin allen zwé d'selwecht ugedon! Et wess en net wien den Här ass.....
- Annette: Ma dén gre'ssten fun dénen zwé!
- Brigitte: An do derniewt....(liest) "L'avion Bienvenu se poseen pleine brousse à peu de distance d'un village où l'épidémie décime les indigènes. Le passage du Bienvenu sera là encore une victoire de l'humanité.
- Odile: (liest) Les Johnny acclamés à leur dernière arrivée au Bourget, après un circuit de plusieurs milliers de kilomètres."
- Brigitte: Wât stin do Leit....Hei, elei sin se an hirem Haus, mat hiren 3 Kanner.
- Annette: D'Madame Johnny ass eng flott Frä, gell?
- Odile: An eso'sche'n ugedoen!...An sie fle't selwer?

- Annette: Ah jo, sie huet de Pilotenführerschein gemach...
- Brigitte: An hien huet én.. ..én.....
- Annette: E Sérum ge'nt....ge'nt. Abé, e Sérum erfondt. Hien ass en gescheite Mann, an sie ass gele'ert, so' ewe' én Dokter, an sie hëlleft hirem Mann de' Frank ze behandlen.
- Odile: Sie fiert mat engem Flieger....
- Annette: Sie steiert - steiert é Flieger, muss én soen.
- Odile: Ah????
- Annette: Führen, dât sêt én bei den Autoen.
- Brigitte: (ze't e klengt Heft aus der Tâsch) Wart, ech schreien mir de' Lieder do op, stei...e...ren, an dann nach dat anert fun elo e'nescht, dât wât den Här Johnny erfondt huet.
- Annette: (ganz iwerlén) Ah de Sérum...dât Dingen dât de' Krank erôm hélt!
- Brigitte: Jo, jo, ewe' schreiw' én dât.
- Annette: Da wart....s...e...r...ser an dann ah jo r..an dann rum.
- Odile: Ewe' Rhum fir ze drenken?
- Annette: Abé...bâl oso'.
- Brigitte: Bâl oso'?
- Annette: Ech froen den Apdikter Schaus do uewen, dên ass ganz frendlech, dên sêt mer dât schons.
- Odile: (huet d:zeitung erôm erbei geholl a liest) "Les deux célèbres savants sont pour quelques mois en vacances et ce qu'ils souhaitent le plus, dans leur grande modestie, c'est qu'on les oublie en les laissant jouir incognito la vie de famille avec leur trois charmants bambins"
- Annette: Als Fallschirmjäger hun sie an Krich dem Land och vill Dengschter geléscht. Hei Papp huet mir dât erzielt.
- Brigitte: (drémerech) dât ge'n' ech gâr op de Windel goen fir se ze gesin wann se do landen.
- Annette: Dât glémen ech. Na sôt zu érer Tante, sie soll mat Iech dohin fuhren.
- Brigitte: Mon Dieu, mon Dieu, ge'ng d'Véronique elo soen.
- Odile: An iwerhâpt. Wuefir derfen mir nie hei aus der Burg eraus goen? so'gue op Grenzen derfen mir nônnen just an d'Löss goen.
- Annette: Er Tante féert, dât modeknt Liewen geng Iech ze vill gut gefallen, an dann wert dir verluer, oso' sêt sie emol. Sie wöllt net dat et Iech gé gét we' érer Cousine Angèle.
- Brigitte: An et wéss tatsächlech k n me', wo' d'Angèle elo drum ass?
- Annette: Et scho'nt, d'Madame Bernard wöllt neischt me' fun hân wössenzenter dass et fun hei fortgelaf ass fir bei sein Lomper ze goen...
- Brigitte: Ass dât schons lang hir?
- Annette: I6 - I7 Joer, oso' huet mei Papp emol gesôt.
- Odile: (no enger klenger Paus) Mir hun kén Lomper!
- Annette: Mei Papp, dên huet d'Angèle nie vergiess. D'Joffer Angèle wor öanner le'f a frendlech, huet hien mir gesôt. An hien huet d'Joffer Angèle gele'ert um Velo fuere.
- Brigitte+
- Odile: Oh!!!!
- Annette: Natirlech wossten d'Véronique an d'Madame Bernard neischt dafun.. ewell soss.....
- (Et he'ert én d'Véronique an d'Tante Germaine schwetzen an kommen; d'Médercher gin ganz opgerégt)
- Odile: Sie kommen.
- Brigitte: Se'er, verstoppt alles.
- Annette; Meng Zeitung, wo'hin dermat? (hat versicht se uewen an d'Kléd ze stichen, et gét net, get nervös) Ech hun kong Zeit me'. (sicht ron'rôm fir eng Stopp ze fannen) Hei, önnert d'Auer, allez hopp. (Verstoppt d'Zeitung dohin, weist op dem Brigitte sein Carnet) Dein Heftchen.
- Brigitte: Oh!!!! (Ste'cht et schnell an seng Tâsch)
- (De' drei gin erôm un hir Arbecht)

VII Scène: Annette-Odile-Brigitte-T.Germaine-Véronique.

- T.Germaine: (schwätzt iverd dém se eran könnt)Auer gin mir emol bei den Metzler..
 Véronique: Jo, Madame. D'Liferanten hun haut och change'ert, sie sin guer net me' de' selwecht zanter dass se dé Schwärzmarkt erfondt hun.
- T.Germaine: We' Annette, sit dir nach ömmer hei? Dir braucht nawell allerhand vill Zeit fir den Dösch ofzeraumen.
- Annette: (verléen)Dât ass....jo clo...och hun d'Grinnelen epuer molopgekirt, fir datt et me' propper sollt sin!
- T.Germaine: Wikelechi!
 (Et ass é Moment ro'eg, et he'ert én de Motor fun engem Flioger dé lanscht flit. Brigitte an Odile hiewen de Kapp, lues a lues ömmer ue' bis datt se op de Plafond kucken)
- T.Germaine: A wat sicht Dir dann do uewen ue Plafond?
 Brigitte: (durchernén)Weischt, Tante Germaine....
 Odile: (d'selwecht)Weischt. (sie schaffen weider)
- T.Germaine: D'Auer ass stoc bliwen, och hun dât net gär. We' spe't ass et schons, Véronique?
- Véronique: (Ze't eng Auer aus dem Rimm) Mon Dieu, schons bâl 9 Auer.
- T.Germaine: Et get net vill aus onsem Lâesen den Nowend, et ass schons spe't. Dir musst och hén goen, Annette.
- Annette: Jo, Madame.
- Véronique: Eleng hém goen, esò' spe't, an bis an d'Aueri croff!
 Annette: Pou. T'ass dach nach net spe't, an dann hun ech jo mei Velo, dann gin ech eben e be'schen Gaz.
- T.Germaine: T'ass gutt, t'ass schons gutt, Annette.
- Véronique: E Velo dé mat Gaz firt, ass dat dann net gefe'erlech....
- Annette: Ma nén....
- T.Germaine; T'gét elo duer!
 (Et schellt baussen an Park. Sie halen all den Otten un, an re'eren kong Oder an Leif, mat Ausnahm fun Annette)
- T.Germaine: A wien schellt öm des Zeit.
- Véronique: Eso' spe't, mon Dieu, non Dieu!...Mâch nönnen kén d'Dir op. Lâcht de Rédel iverall zo. Kommt mir setzen d'iwel bei d'Dir!
- T.Germaine: Allons Véronique.
- Annette: Ech gin kucken wien et ass. (Gét schnell aus)

VIII Scène: T.Germaine - Odile - Brigitte - Véronique.

- Véronique: Annette!...Oh wo' onvorsichtig, eso'einfach aus an de Park zo goen. Et kann én nie wössen...seit dém leschten Krig....
- T.Germaine: De Krig ass eriwir, Véronique. Vielleicht ass et de Pappa Streng, dén sei Mëdchen sichen könnt.
- Véronique: Hengt Dir? Ech fannen, hien le'sst sei Mëdchen vill ze vill eleng dorömmen lafen. Mon Dieu, aremt Annette, et wert him jo weischt do-baussen geschitt sin....
- T.Germaine: Mais da bero'egt Iech dach, Véronique, Dir régt Iech onnötz op! (Annette könnt eran gelaf, ausser Otten)

IX Scène: T.Germaine-Odile-Brigitte-Véronique-Annette-J.Thinnes.

- Annette: Et ass d'Joffer Thinnes.
- T.Germaine: Em des Auer?
- J.Thinnes: (Könnst eran)Entschöllegt, Madame, Bonjour Véronique, bonjour Kanner, Ech ko'm um 1/2 9 Auer aus der Mairei, wo' ech gehollef hun d'Löschten fir de' nächst Wahlen opzustellen. Et ass vill ze schreiwen mat de Fraen de' clo och mat wielen gin....
- T.Germaine: (verächtlech) Muss dat sin, datt d'Fraen such an eso' eppes eran nöschen! Wann de Minister Bernard dat erliedt hätt, Fraen de' wielen...
- Véronique: (Iwerzégt)Dât ass d'Énn fun der Welt!

- J.Thinnes: (lacht)Fun enger bestönter Welt,vielleicht....
 Véronique; An Dir Joffer Thinnes,git Dir mat wielen?
 J.Thinnes: Secher,ech machen wat én als gudden Eierger fun mir verlangt.
 T.Germaine: Mir liewen wirkleech an enger onghecklocher Zeit,mais dât alles sêt mir nach net.....
 J.Thinnes: Jo...ech kommen just aus der Mairei,do bege'nen ech den Postreceptor,an dé sôt,an hätt just en Telegrammfir op d'Burg kritt.
 T.Germaine+
 Véronique: En Telegramm.....
 J.Thinnes: Jo...firun 20 Minuten ongefo'er,ôm de' Zeit ass ké Postbued me'do an hei op der Burg ass jo kén Telefon....
 T.Germaine: Gott behitt eis.
 J.Thinnes: Du sin ech selwer nam Telegramm komm,soss hätt dir en ere'scht muer kritt.(go't der T.Germaine den Telegramm)
 T.Germaine: Merci,Joffer Thinnes;
 Véronique: Aren Madame,wât eng Katastrophe!
 T.Germaine: (kuckt rondôm sech)Wo' ass de' Katastrophe?
 Véronique: Mais an dér Dépêche.Et sin ömmer Katastrophen an engen Telegramm!
 T.Germaine: Et ass keng Katastrophe,mein Notaire délt mer nett,hien ge'ng noch muer an Lâf fun Kommetteg besêche kommen.Stellt Iech dât emol fir. We'wann hien net hâtt können e Bre'f schreiben.
 J.Thinnes: En hât vielleicht keng Zeit,war presse'ert,an dann,én Telegramm gêt me' schnell ewe' én einfache Bre'f.
 T.Germaine: Wât én Zeitalter!Se'er,ömmer ne'se'er,sie kennen kén âuert huert me'.Se'er!Ech froen noch nônnen wuer se hin wöllen!
 Véronique: Ech wosst net datt èren Notaire och modern ass!
 T.Germaine: Ech hat sein Papp le'wer(Zur J.Thinnes)Ech soen Iech nach eng le'er villmols Merci.....
 J.Thinnes: Mais Madame,ech bieden Iech,dât ass gär geschitt!Eng 1/4 Stann nam Velo,a bei dém sche'ne wieder,t'ass én Spaze'ergang.
 T.Germaine: T'ass wo'er,Dir benotzt och de' neimo'desch erfindungen.
 J.Thinnes: Dir wârt dach net wöllen behapten,én Velo wâr dât modernt fun modernsten!Et ge't schons zanter epuer Generatio'nen nam Velo gefuer.
 T.Germaine: Jo,an duerfir sin d'Leit elo domadden net me' zefriddent!---Also Joffer,mir erwarden Iech muer fir de Hédercher fir Stonnen.Ech denken et ass muer den Dag fir Grammaire se le'eren.
 J.Thinnes: (e be'schen gene'ert) Jo...ech mengen.
 T.Germaine: Am Pobeierkuerf sin Blieder aus engen Heft fondt gin,wo'Notizen dro stongen fun Aufgaben oder Exercicem iwer chimie...an Physique;
 J.Thinnes: Jo...dât ass....Abé,d'Brigitte an d'Odile waren ganz fleisseg gewiest,an sie haten wirkleech eng Bonne Note verdengt,an als Belö'nung hun sie gefrot,datt ech hiren Scho'lprogramm obe'schen ne' geng ausdénen....
 T.Germaine: Ma nén,Joffer Thinnes,meng Niesen brauchen net me' é gro'ssen Programm ze machen ewe' ne'deg ass.Ech wöll weder en Ingénieur nach Affekôt oder Dokter aus hinnen machen,obschons et haut de Ho'd ass datt d'Fraen d'Männer iwerall imite'enen.Ah,wann de Minister Bernard nach hei wâr!
 J.Thinnes: An trotzdem verlangt dat modernt Liewen vill vun enger Fra,an sie huet mat vill Schwieregkêten ze kâmpfen,de' et fre'er iwerhapt net go'f.
 T.Germaine: (kategoresch)D'Fraen sin hauptsächlech do,fir hiren Männer ze dengon Männer ze erze'hen a gutt Chrö'chten ze bleiwen.
 J.Thinnes: D'Wissenschaft huet nach niemols én Mönch verhônert e gudden Chrösch ze bleiwen.
 T.Germaine: D'Fraen awer.
 J.Thinnes: Oh,Madame,dann denkt emol un d'holleg Katharina,dât wor eng fun dénen geschêitesten Fraen,de' d'Mathématique an d'Philosophie aus hirer Zeit genau kannt huet....

- Véronique: D'helleg Katharina, mon Dieu. De' huet dach Hitt gebitzt, an sie hun hir de Kapp erf gefân. An sie hëlleft de Médércher fir e Mann ze fannen. Ech bieden nach haut zu Hir!
(Brigitte an Odile erstecken bal fun lachen, J.Thinnes kann sech beherrschen, d'Annette dre'ht sech ön)
- T.Germaine: T'ass schons gut, Véronique! Mir wölle guer keng Détailler wössen. (zur J.Thinnes) Joffer Thinnes, ech soen Iech et nach eng Ko'er. Ech hun mech dénen zwé Kanner hirer ugeholl, we' sie nach ganz kleng waren, démolts ewé' hir Elteren, meng Schwester an hire Mann gestuerwen sin. An démolts hun ech mir firgeholl, sie nō dénen Prinzipien ze erze'en, de' démolts gut ubruucht waren, an och a mengem Bekanntekrés respekté'ert go'fen. Mei Mann, de Minister Bernard, wor e Mann fun âle Schlag. Hien huet d'weishéiten fun der fré'erer Zeit bewonnert, an hien hât recht. Ech hun seng Ideen niemols verworf. Ech halen drop, datt meng Niècen erzunn an net önnerricht gin. Suergt derfir, datt sie d'Grammaire kennen, e beschen'Geschicht, a genug rechnen können fir den Haushalt ze kontrollé'eren. All datt ânert ass schiedlech am Ge'fir fun enger Frâ. Mei Mann sôt ömmer: Wât d'Frâen me'wössen, wat se me'verdueren gin!
- J.Thinnes: Ech werd duerfir suergen, Madame....
- T.Germaine: Iwregens huelen ech net un, datt de' zwé Kanner do verlangen, me' ze wössen. Sie denken net un e Lycée, eng Première oder Université't ewé', ...nujé, lôsse mer net dofur schwetzen, datt ass eniwer.... Joffer Thinnes, ech mengen Dir musst erôm zreck op Grenzen fueren....
- J.Thinnes: Jo, Madame, ech ze'e mech zreck.
- T.Germaine: Et ass schons spe't. Haut den Nowend ge't neischt me'virgeliess. Ech gin op mein Zëmmer, Véronique, Dir suergt dofir, datt d'Kanner och an d'Bett kommen. Gudde Nuecht....
(Brigitte an Odile gin bei hir Tante, de' hinnen e Kues op d'Stir get, dann machen sie é klengen Knicks)
- J.Thinnes: Nuecht Madame.
- Annette: Nuecht, Madame.
- T.Germaine: (an der Dir) Nuecht. Ah, Véronique, Dir git mir nach é Jacket ge'nt Li-graine. De' Art a Weis fuh mengem Notaire huet mech ganz contrarié'ert. Ech wéss net wo'ner mei Kapp stét! (gét nam Véronique aus)

X.Scène: J.Thinnes - Annette - Brigitte - Odile.

- Brigitte: Ech froen mech awer, wien de Fobeierkuerf durchsicht huet?
- Odile: Vielleicht wor et d'Véronique?
- J.Thinnes: Berô'egt Iech, wahrscheinlich huet er Tante durch Zo'fall de'Notizen fondt a geliess. Dofir geheit fun haut un neischt me'ewech, gitt mir de' âl Fobeieren, an ech huelen se mat hén.
- Brigitte: Oh, wann mir d'Première ge'wen packen, dat hätte mir dann nörmen Iech ze verdanken, Joffer Thinnes....
- J.Thinnes: Eso' weit sin mer nach net, Kanner. Dir huet nach eso' villes no ze huelen.....

XI.Scène: J.Thinnes - Annette - Brigitte - Odile - Véronique!

- Véronique: (kœnnt cran) Arm Madame, et ass schlœmm, sie eso' leiden ze gesin.
- J.Thinnes: Eng Nuecht gut geschlœf, a mer wéss sie neischt me' derfun. Ech machen mech elo ewech. Annette, gés Du mat?
- Annette: Jo, mais ward én Anent, ech muss dat Dengen eler nach ausdin, ewell fir domadden op de Velo ze klammen..... (dét d'Schiteg aus, Jupe a Bluse an huet drœnner én einfachen Summerrack o'ni Aerm un, modern, Soketten an Sandalen un, keng Strœmp.) Puh!!! (Et dre'ht d'Kléder de' et ausgedoen huet hin an hir a sét dann) Awar Gro'si..... bis mer.
- Véronique: Annette!

- Brigitte: Wât huet dât Kand eng Chance!
- Odile: Dén ass et bestëmmt net eso' warm!
- Véronique: Dre't Iech ön, dir Hédercher, ech bieden Iech, dre'ht Iech ön! Annette, d'Madame wär bestëmmt ganz be's, wann se Iechan d'èr Tenue geng gesin
- Annette: Wo'dann, ech sin dach zergutz ugedoen!
- Véronique: Et ass onanstänneg! D'Acra an d'Bén plakegi! Oh....
- J.Thinnes: Mais Véronique. D'Loft ass ganz gesond fir de Kierper. An dât Kand ass ugedoen wé d'Leit haut alleguer. Hatt könnst bestëmmt net dorömer läfen, zogestreckt mat Korseletstangen fun Kapp bis zu de Fëss. (Hédercher lachen)
- Véronique: Korseletstangen'' najo dât heilt zesammen Joffer Thinnes Dir sit och zé vill modern, grad esou modern owé all de' Jonck aus demer Johrhonnert.
- J.Thinnes: Ewé dé Jonck fun jéher. Dier huet och vielleicht eng ke'ler, owé Dier jonk wort eng oder dé aner Dame scandalise'ert
- Véronique: (föndt bäl keng wieder mé) Ech, ál Damen scandalise'ert, ech .. Oh Joffer Thinnes verhält gutt wât ech iech soen. Ech wor ömmer e feint jongt Médchen, en ideal funn engem jongem Médchen, e richtegt Jongmédchen ... an ech sin et och bliwen!
- J.Thinnes: (lâcht) Arent Véronique!... Annette komm mir gin.
- Annette: Gudde Nuecht, Joffer Véronique, gudde Nuecht dir Jofferen....
- Brigitte, Od. Nuecht Annette, gudde Nuecht Joffer Thinnes.
- Véronique: (gét mat hinnen bis bei Dier) A läft se'er gell.- Läft. A wann én matt iech wöllt schuetzen, dann antwert net! Ruut ön Höllef!
- Annette: Mâcht iech keng Suerg ön mech, Ech kennen hei erömer all dé a Stén. Ech hunn am Krich den Zaldoten oft genug oppes z'iessen bruecht.
- Véronique: Mon Dieu, e Jongtmédchen dât elong bei all dé vill Männer mat Waffen gangen ass. Musse mir an dem Johrhonnert sou mir hinnen esou schrecklech sâche gesin!
- J.Thinnes: Mais dé schrecklech sâchen owé dier sot Véronique, dé go'fen et dach och schons firun langer Zeit, an der âler Zeit wou dier esou gären dofunn drént. Hatt dier dann d'Jeanne d'Arc vergiess.
- Véronique: D'Ja...ja...Jeanne d'Arc. Mais dât war aus der Franze'scher Kriech Geschicht... Dât ass oppes anesches.
- Annette: Ah wé sou dât dann, mir können och an d'Geschicht goen
- Véronique: Du affronte'ert klongt Stéck.
- J.Thinnes: Komm Annette, lösse mir goen. D'Véronique verwönscht ons bestëmmt bis an t'ënnescht Hell
(Sie lachen an gin fort)

XII Scène

- Véronique, Brigitte, Odile
- Véronique: Wât Sachen! Wât eng scholcht Zeit! Wât ... (geseit d'Hédercher) Ma et wär besser ier légt schons lang am Bett, arlatz hei esou Schlechtegkäten nozelauschteren.
- Brigitte: Schlechtegkäten... d'Jeanne d'Arc?...
- Odile: d'helleg Katharina?.....
- Véronique: Dât sin fridlech Helleger, esou distingue'ert. Et brauch én nömmen hier Statuen ze kucken.
- Odile: Ma sie wâren net ömmer eng Statue, sie wâren lirweg Personagen, dé geschwât hun, gehandelt....
- Véronique: Jo, mais clo sin et Statuen. An t'ass vill mé ro'eg gin.
(Hédercher lachen)
- Véronique: Oh, ech wéss iwerhapt net né wât ech soen, mat all èrem Gerieds. Gitt clo schlôfen a sitt brav! Mâcht et net wé d'Cousine Angèle, dât.... (Hällt plötzlech op)
- Odile: Dât wât?
- Brigitte: Wât huet d'Angèle genâch?
- Véronique: Mén!

- Odile: (Schméchelt) Oh du kanns ons et ro'eg soon Véronique!
- Brigitte: (T'selwecht) Mei gutt Véronique Du bass esou léf. Här sin och ganz fro' mat dier.
- Véronique: Oh dier Schméchelkätzchen! D'Madame dé wär bestömt net zefridden wann sie geng he'eren.... Mais, tant pis! Dier musst dat wössen dann kann et iech als Le'or demgen!
- Brigitte: Jo erziel ons schnell.
- Odile: Wou ass d'Cousine Angèle drun?
- Véronique: A wien soll dat schons wössen, d'Madame wollt nie né eppes fun hin he'eren.
- Odile: Ass hatt fortgelâf?
- Véronique: Jo, hat ass bei sei Momper op Parcis gang. Op Parcis, eng verlueren Städt, wou den Deivel Här a Leschter ass. Hatt wollt an de Lycée goen, weider stude'eren, grad esou wé d'Jongen. D'Madame ass et erön sichen gangen, mais de Momper wollt neischt dovunn wössen, an d'Angèle och net. An esou ass dé aren Madame bröm olen, hén konn. Ech gesin se nach, ganz bléch am Gesicht, midd vun der langer Rés. -" Dat Kand ass verluer, Véronique, sôt sie - Dat Kand schmacht elo fun Göft vun dösem Jahrhonnert" T'ass schrecklech!
- Brigitte: An dunni!
- Véronique: Majo... Hatt huert dunni secher stude'ert. An dunni én Dag huert sei Momper geschriwen, fir ons matzedölen datt d'Angèle elo bestued géng gin. D'Madame wollt fun allden neischt he'eren, esou guer de Humm fun Angèle sengen Mann wollt se net wössen. Sie huert dem Momper de Bref erön zereck gescheckt.
- Odile: Oh!
- Brigitte: Mat wien ass hatt da bestued gin?
- Véronique: Secher mat engem Jong fun Parcis.
- Odile: An Tante Germaine kennt sein Humm net?
- Véronique: Ech sot iech schon datt sie neischt dofunn wösse wollte. In die ass d'Angèle ganz onglecklech!
- Brigitte: Wohier wéss du dat?
- Véronique: Ech wéss et net, mais ech sin iwerzécht dofunn. Hatt ass schrecklech onglecklech. Hat huert vill Misär mat sengem Mann fun Parcis. Hien gét an d'Hafféon, natürléich, a wann en dann hé. Könt dann schle't en hatt. Hien sét ellen ierder. Né schrecklech. An hatt kreischt t'ganz Nuecht lang. Oh wann hat hei blien, wär, d'Madame hätt hat bestömt mat engem Muster fun jongem Humm bestued, e jonge Mann... net ze vill jonck.. esou datt en zugleich cher Zeit e Papp hätt können fir d'Angèle sih...
- Brigitte: Abé jo....
- Odile: Vierwât net gleich e Gross'Papp?
- Véronique: Dier aren Kanner, Dier verstitt neischt fun Liewen. Mais huert iech annuecht. Macht et net ewé d'Angèle dat hei fun Haff fortgelâf ass fir elo én armsélegt Liewen ze fe'eren, wât Hunger leiden muss...
- Odile: Oder wât vielleicht ganz reich ass!
- Brigitte: An glecklech!
- Véronique: Nén et get é wéder reich nach glecklech wann én senger Tante net follegt. An alo gitt schlöfen!
(Brigitte + Odile gin dem Véronique eng Dés)
- Brig. Odile: Gudde Nuecht, Véronique!
- Véronique: Gudde Nuecht meng Engelen, an schlöft guhe'n brav.
- Odile: (zeckt) Du nechs jo d'Diren gutt fest zou
- Brigitte: Setz och nach e puer Still firdrunn, fir datt kén De'f eran könn.
- Véronique: Gitt der ewuel, macht iech ewech dir greislech Kanner!
- Brig. Odile: (an den se eraus gin) Nuecht, Véronique, Nuecht!

2. Bild

De Rideau gét erôm direkt op

I Scène - Véronique eleng

(De Ho'nd sche'nt. Véronique kuckt op och alles an Zömmen an der Rei ass. D'Lüchten sin aus, et brennen nach just 2 Kerzen op engem Stänner. D'Bühn ass zienlech deischer mais de mo'nd dén zur Fenster arasche'nt mecht et heil genuch dat én de' ganz Handlung awer geseit. D'Véronique gét bis bei d'Dir.

Véronique: Ah, de' Lueden de' net zo' gin! Dât ass eso gefe'erlech ewe' nömmen eppes. (Spert d'Dir zo') Muer gin ech en Arbechter sichen an ech schléfen en bis hei hin, an dann muss en dât direkt flecken ... Nömmen... könnt hien och mat mir? (Kuckt rondrôm sech, fängt dann nervös un ze sanzen, e bekannt Lidd awer o'ni wieder) la, la, la... la, la, la, la... Ech san e gär wann ech eleng sin a wann et deischer ass, dann ass et net eo' eidel hei... et ass me' löschtég... la, la, la, .. la, la, (et höllt e Fautell oder e Stull a setzt e bei d'Dir) So'... elo ass et schons vill me' schwe'er fir cran ze kommen. Ah, hei.. ech setzen d'Schell drop (mescht et andén et weider schwätzt) Wann én widder d'Dir ste'sst da ste'sst en un d'Fautell; wann én widder de Fautell ste'sst, dann fällt d'Schell eroff! (et schellt; Véronique léft bis an dén âneren Eck fun Zömmen) Ah, non Dieu!... Höllef!.. Do sin sei... (könn't erôm zo' sech) Ah nén.... Ech hu gemengt.... Elo hun ech mir selver Angscht gemâcht. Dât wör nrôm eng Ke'er èr Fantasie an d'Schold, geng d'Madame elo sôn. So'.. an elo kucken ech no den Lüchten. Eng Wick de' net ganz aus ass, d'Fonken fâlen op den Toppech, den Toppech flâmt... d'Rideauen brennen... de Eueden.. ou la la... t'ass fîchterlech! Feier, Feier! (könn't zo' sech) Nén,... jo... ech... et ass net dat ech fârtén.. nömmen.. ech bauen le'wer fir... Gut! D'Lüchten sin kâl. Muer de mueren dre'en ech de' Auer do erôm op. (Et höllt e Pabaier drömmen eraus. Et ass dem Annette song Femme d'Aujourd'hui) A wât ass dann dât hei? Photoen! Non Dieu, eng Frâ nömmen hallel ugedôn... fir un Deckel!... T'ass greisslech.... (gét beid d'Herz a liest) "Championne nationale de natation". e' greisslech! Wann é bedenkt datt e Frâen gin de' eso' en Handwierk be'dreiwent! (Liest) "Femmes d'Aujourd'hui". Abé jo,.... Dât ass awer traureg!.. An do en Acroplan! (liest) "l'aviatrice Mme Johanny"... Alt nach eng geckeg weider! An si huet e casque un! (Liest) "avec leurs trois bambins" Oh dât ass awer gelungen... de' gleich.. oh mis... et ass dach net me'lech... (liest) "deux grands savants Mr. et Mme Johanny. (Schwätzt) Mme Johanny... na et geng é sôen... mais dât ass onst Angèle... Jo, jo, de' Ke'er drémen ech awer net; dât ass dach d'Angèle... An dât fle't net engem Acroplan. Ah, ech sôt jo direkt dât gét net gudd aus, démols we' de Pappa Streng d'Angèle gele'ert huet Velo fueren... D'Angèle,...wann d'Madame dât wésst (kuckt d'Zeitung).. leurs trois bambins (Schwätzt) O wât sinn dât drei le'wer. (Kreischt bâl) Wât e Schued datt de' net hei wunnen net können an dén sche'nen gro'ssen Park spillen! Hei wâren se dach vill besser ewe' zu Pareis, agespart an engem Appartement, wo keng Loft, keng Sonn ass ronderem nömmen elauter Mikrogen. Hé si gi jo krank, di klong Engelen (kreischt)

Véronique: (Et stét én baussen virun der Dir a klappt ganz lues. (hält den Oten un) Hein.. hun ech richteck he'eren? (ganz lues) Ou la la, huet é geklappt? (Et klappt erôm ganz lues) Nén nett era kommen! Et ass neischt hei... Huelit alles an da gitt der se'er fort!

Angèle: (hannert der Fenster) Véronique!

Véronique: We'?

Angèle: Véronique, bass du et, Véronique? Fért nett, nach mer d'Dir op!
 Véronique: Ah, mon Dieu, meng Bén versôen... mein Hèrz klappt net me'.. dât ass ze vill! Angèle... d'Angèle hêi!
 Véronique spärt d'Dir op. D'Angèle wöllt d'Dir opsto'issen)
 Véronique: Wärt, do stët nach e Fautell!
 Hatt reckelt de Fautell, d'Schell fällt erôf)
 Oh, d'Schell, mon Dieu! Elo wärt d'Madame dât he'ren hunn! Mir sin verluer!... Ah nén, hîr Kummer ass weit ewech!
 (Angèle kommt eran, sportlech awer weiblich ugedon)

II Scène ' Véronique- Angèle

Angèle: Hei gudd Véronique!
 Véronique: (kreischt) Angèle! Bass du et wierklech? Kenns du heihinner?... Ma nén, du derfs dach nett! D'Madame wollt nett! Wât kenns du hîr nâchen? Bass du nett ne' an dengem Aeroplane?
 Angèle: Nén, ech klammern och hei ans do do eraus. Mé wesst dir dann hei eppes dofunner.
 Véronique: Nén et wéss kén eppes dofunner, neamen ech wéss eppes, enfin ... oh, ech verle'eren nach de Kapp....
 Angèle: T'ass âwer nach ômmen dât selwecht!
 Véronique: Da kenns du also eren hén. Kenns du dech hîr verstoppen? Bass du onglecklech gimn zu Paris? Dêt et dir léd dass de dé jonge Mann net geholl hues dén d'Madame der erausgesicht hât?...
 Angèle: (lâcht) Ah, eist Véronique ass awerguer nett change'ert.
 Véronique: Ass et nett dofir datt's de erenkenns?
 Angèle: Né, lauschter... Wât hues de dann do?... Weiss emol di Zeitung (hellt se a kuckt) Ah so! D'Hâptsâch wéss de also. Ech sinn bestuet.
 Véronique: An d'Kanner we' gét et hinnen, gudd?
 Angèle: Déne gét et ganz gud', et sinn kleng Deiwelen.
 Véronique: Ewe's du!
 Angèle: Mir hunn e puer M'nt Vakanz, de Bob an ech.
 Véronique: De Bob?
 Angèle: Dât ass mei Mann.
 Véronique: Dât ass awer ké sérieuxen Mann fir e Mann!
 Angèle: Du kanns och Bobchen soon, wann dir dât besser gefällt.
 Véronique: Oh.
 Angèle: A Wierklechkét héscht an Robert. Robert Johnny, dén de Sérün erfennt huet.... A, du wéss neischt dofunn, mé dat necht neischt. De Bob an ech, mir hâten allenzwé diselwecht Idee. Mir wollten fun desen Congé profite'ren fir d'Tante Germaine ze erwéchen. Ech hat d'Tante Germaine erwer gâr, trotz hîren Ideen aus engem fre'eren Jahrhomert. Si ass elo âl an och hât gären wann si di kleng ge'f kenne le'ren.
 Véronique: Sie wâr bestemmt glocklech!.. Ma nén si geng be's gin, si wöllt neischt dofun wössen. Wann si gewuer ge'f dass du heihinner komm bass dass ech hat dir geschwât hun, dass ech dir offerâch hun.... d'Fautell ewech gerekelt hun... si geng noch ni me' bekucken.... si geng noch fortschrecken fun hei ewe' eng Hésche-frâ.... et ble'f mer weider neischt iwreg we' ze stirwen...
 Angèle: Ass dei Roman'n elo ferdeg? Jo, dann lauschter! Selbstverständlech gin ech noch elo net einfach firun d'Tante Germaine stellen, onvirberéd an o'ni ze wössen we' d'Sâch stët. Mais ech hun dach all Joer der Tante fir hîren Dâg geschriwen a fir Meijohrsdâg....
 Véronique: Si huet nimols e Bre'f oppenâch, si verbrennt se.
 Angèle: Aren Tante Germaine, hun ech si eso' enttäuscht? Wés du wât ech wölles hât? Ech wollt hei an der Onge'gend bleiwen, man Bob a nat de Kanner... Ech hât un dât âlt Gärtenschheischen geduecht, dât stët jo nach ômmen eidel do, gelt?

- Véronique: D'Gärtneschheischen. Oh mon Dieu! Et wâr eng Zeitchen voll...
ech konnt net schlôfen dofum!
- Angèle: Voll fu wât?
- Véronique: Voll fu Männer de' sech verstoppt hun, an Krich. De Pappa Streng
hât se dohinnen bruecht... d'Madame wôr natirlech d'accord. Wa
mir senger Lieben verrâde si wâren, wâre mer all entschuldiget.
- Angèle: Dat Heischen leit weit ewech an ass ud verstoppt.
- Véronique: Jo, dât schons, mais et war awer net virsichtig!
- Angèle: Mais du wârs doch net derge'ntgewierscht sin, fir Jungen ze
verstoppen?
- Véronique: Nén, natirlech wor ech net derge'nt. Ech hun so'guer selwer dem
Pappa Streng d'Schlössele gin. Mais fun dém Dâg un, hun ech d'Zänn
we' fun Zännklapperen!
- Angèle: Du gudd Véronique! Du wârs en Held op deng Mam'er, an dém dass
du bâl gestuerwe wars fun Angscht!
- Véronique: (stoltz)Ewe' d'Jeanne d'Arc.
- Angèle: (lâcht) Net grad eso'... mais trotzdem!
- Véronique: Also dât Gärtneschheischen.....
- Angèle: Mais lo stét et eidel?
- Véronique: De Pappa Streng huet rôm alles do an d'Rei genâch. En huet emol
so' gesôt, well d'Madame an ech gin nimols dohin.
- Angèle: Gené we' soss! Do wâr ech ömmer ro'eg a konnt gud rei Latein
a meng Mathematik mâchen! Majo dât trôffit sech jo alles wonnerbar
De Bob an ech, mir hun e ro'egen Eckelchen gesicht, weit ewech
fun der Publizite't, den Virwätz, dât ons alles e beschen zevill
get. Mir installe'ren ons an Gärtneschhaus a während der Zeit
muss du, Véronique, de Wé hei bei der Tante Germaine fir ons
prépare'ren, d.h. du muss versichen dém âle Streit aus der Welt
ze schâfen.
- Véronique: Si lauschtert mir bestört net no... si got be's: Sie fängt un ze
jeitzen!
- Angèle: Du muss dât ganz gescheckt mâchen, lues a lues, net mat der Bîr
an d'Haus fâlen. An da könnst du mir all Dâg soen we' weit dass
du bass.
- Véronique: Mais dir mâcht awer secher dé Kome'di an dém Haus well et d'rf
kén oppes dofunner wôssen...
- Angèle: Fârt net, de Bob an ech mir sin fro' mat der Roi.
- Véronique: (kritt et erôm mat der Angscht ze dun) Wann d'Madame dât gewuer ge'
ge'f mir gengen all erschoss gin. Pan, pan pan.
- Angèle: Nén Véronique, du verwiessels erôm oppes!
- Véronique: Ech wollt soen, mir müssen oppassen.. ganz gutt oppassen...awer
d'Kanner?.... de' jeitzen a spillen...
- Angèle: D'Haus ass dach weit ewech fun hei an et he'ert én meischt. An
dann versichen ir d'Kanner soo' ro'eg we' ne'glech ze hâlen.
Also ofgenâch, nur kens du hê d'Kanner besichen. De Jean-Claude
dé gleicht mir. Ech hun hin och schons fun dir erzielt.
- Véronique: Oh, we' herzeg!
- Angèle: Hien huet 8 Joer, den Alain huet der 6.
- Véronique: An dém drôtten?
- Angèle: Dât ass e klengt Mëdchen, d'Chantal huet 4 Joer
- Véronique: Oh mon Dieu de' kleng Schéwercher. An.. wo' sin si dann elo?
- Angèle: Ma net weit ewech. Dohann on dem Kleng Wé önnert de Bém. Ech
sin zu der klenger Pârt eran koma, si wâr net zo'gespârt.
- Véronique: Net zo'gespârt, mon Dieu! A wien huet de' dann opgenâcht an net
erôm zo'? Dât ass awer nol onvorsichtig. A wann elo én do erakomm
wâr.
- Angèle: Ma dât ass jo lo de Fall. Ech si jo do erakomm. Ech hât richtig
getippt. Ech hu gehofft doch ön des Zeit eleng hei unzutreffen.
Ech hun mer geduecht du gengst nach alles gud zo'spâren e'ers de
ge'ngs schlôfe gön. d'Kanner an de Bob wârdent.....

- Véronique: D'Kanner wården.... wât ... de. wården mötten am Park, matten an der Nuecht.... mais dât ass jo schrecklech! A wann én le gong huelen?
- Angèle: (lâcht) Ma de Bob ass dach bei hinnen!
- Véronique: Am Park... oh, wât müssen de' Kleng fërten.
- Angèle: Ma nén.
- Véronique: An dan gin se jo kâl. Oh kumm lousse mer se'er gon, datt se an d'Haus era kommen. Ech huelen de Schlössel. (Sicht an engem Tirang fir de Schlössel ze fannen)
- Angèle: Gés du mat ons an d'Haus?
- Véronique: Ma ech muss d'och kucken wo' et dolannen aus'eseit.
- Angèle: (zeckt et) An... fir erôm ze kommen
- Véronique: Oh, ech fërten net (iverlét) ... elo... fir ren zreck, ah mon Dieu. T'ass wo'er... eleng an em des Zeit.
- Angèle: De Bob könnt mat dir?
- Véronique: Bero'egt) Ah jo. Gut... Mais hien muss dan eleng rôm zreck, tant pis, ewell ech, ech begléden hieh net!
- Angèle:)lâcht) Ma nén!
- Véronique: Mais ech denken lo drun. We' sit dir eigentlech heihinner kumm nam Zuch bis...
- Angèle: Man Zuch? Mir sin net man Zuch gefuer, mir sin donidden an der Wiss geland, niest den Gärtenschhaus. Ech kennen dach den Ter'rain gudd, wât mengs du wuel!
- Véronique: Hein?... wât.... mat dén a... aéro... aréoplan? dât ass....
- Angèle: E beschen verrecht jo. Et wår den Bob seng Idee. Mit fle'en man Piper dohin, mir hun en dann no bei Han, können no him kucken. Et ass eso' weit entléen, mir brauchen keng Ansicht ze hun dat d'Leit bis dohinnen kommen'sot hien
- Véronique: Also da wår lo e'nescht.. dé Kone'di iver't ons...
- Angèle: Jo, dât wõre mir. Just hei iver't den Haus sin och eso' leif geflun.
- Véronique: Mon Dieu. Dann wårs du also uewen driwer, iz an de Bollmänn
- Angèle: Et waren keng do.
- Véronique: Abé, an dén.. an dén.. ah et get mir ganz schwindelig. Du onglecklecht Kand, a wans du erofgefall wårs?
- Angèle: (lâcht) Véronique, du bass gro'ssartegi Tre'er wann ech op e Bâm geklomm sin, dann hues du och eso' gesot.
- Véronique: An de' le'w Kanner de' nach ömmer wården. Si rissten schens längst am Bett leien. Kumm lousse mer se'er goen! Komm... euh! Bass du och secher dass dei Mann och do ass?
- Angèle: Keng Angscht, dén ass chons do.
- Véronique: (dét e Schal un) Ech sôen dénen 2 Kanner neischt dofun.
- Angèle: T'ass wo'er, meng 2 kleng Cousinen sin och hei. Sin si so' we' och?
- Véronique: Vill me' brav. Kumm elo...
- Angèle: De Bob ass bestëmmt fro' fir d'Gouvernante fun der Tante Louis XIV kennen ze le'eren.
- Véronique: Tante "Louis XIV"?
- Angèle: Jo de Bob huet hir dé Numm gin, an ech fannen e passt gudd bei si.
- Véronique: Tante Louis XIV" ech gsin net an wuerfir... (necht d'Dir op) He'ers du neischt?
- Angèle: Wât soll ech dann he'eren?
- Véronique: Et kann én ni wössen.. eng Besatzungstroupe de' lãnscht gét mir gin erwösch... mir...
- Angèle: Eng Besatzungstroupe, na Véronique
- Véronique: A jo, t'ass wo'er, nén ech wollt soch, wann d'Madame
- Angèle: (fun dobaussen) We' ass et, hönns de?
- Véronique: (kuckt nach eng Ke'er am Zömmen rondrôm) Jo, lêsst mer goen... entschlossen mé ziddreg gét et aus)

Selwechten Décors

E puer Dég me' spe't, am Nomötteg. Brigitte an Odile setzen do ze brode'eren. Tante Germaine streckt. Véronique mecht sech én Hut. Et huet eng gro'ss Boule de' et fun Zeit zu Zeit op de Kapp setzt fir ze kucken op se setze bleiwt. D'Joffer Thinnes setzt un engem klengen Dösch Verbesserungen ze mân mat engem Bic. D'Annette botzt d'Sölwergeschir. Selwecht Kléder ewe' am 1. Akt.

1. Scène

Tante Germaine, Véronique, Brigitte, Odile, Joffer Thinnes, Annette

T. Germaine: Annete, si dir gleich ferdeg mam Sölwer?

Annette: Ech tommelen mech, ech schaffen am Accord, Madame

T. Germaine: Nach ömmer de' gewe'nlech Ausdreck mei Kand.

Annette: An dann, ouf. Et ass mir wârem mat all dem Gedengels elo un. Wann ech normal ugedôe wâr, da geng et vill me' se'er gôen mat der Arbecht.

T. Germaine: Fängt net erôm un ze diskute'eren, a mâcht firun. Ech erwarden Besuch um 5 Auer...

(d'Véronique huet den Hut ganz uewen op der Kopp setzen. d'Annette lâcht hémlech)

T. Germaine: Wât félt Iech Annette?

(Geseit den Hut)

Véronique: Ass den Hut gudd eso'?

T. Germaine: Majo secher, Véronique, obschons..

Véronique: Ass en nettgädd?

T. Germaine: Dach awer..

Véronique: Ech kann en nach me' fest an de Kapp drecken, e geng dann och besser hâlen wa Loft ass.

(Dreckt den Hutt an de Kapp datt et nach just eraus geseit. Alleguer lâchen)

T. Germaine: Ma Véronique, Eso' geseit én Iech jo bâl nett me', kuckt iech emol am Spigel!

Véronique: (virum Spigel) Et geng é soen e Casque, e Casque fir mam Flieger ze fle'en

T. Germaine: (erstaunt) E wât?

Véronique: (duerernén) En én..én ech.. ech wollt net .. ech..

T. Germaine: A vun wât schwetzt Dir do, Véronique?

Véronique: Ma vun neischt, Madame! Ech verscheren Iech, ech hun nach nie e Casque vun engem Pilot gesinn, a nén, och nett vun enger Pilotin. Ah, nén, keng Pijotin a kén Pilot.. ech schwieren, dât héscht, nén.. dach...

T. Germaine: Ma Véronique, wien huet Iech dann eso' eppes gefrôt? Wât félt Iech? Wât huet Dir nômme?

Véronique: Ech neischt, Madame, mengt én dann ech hätt eppes? Dât ass falsch gemengt! D2 Madame geseit dach datt ech beschäftegt sin matt.. mat..

- Annette: Matt hirem Hutt.
- Véronique: Eso' ass et Madame, ech schaffen un mengem Hutt.
- T.Germaine: Ma dann schaft weider Véronique.
- J.Thinnes: Ech verbesseren de Rescht dohém, et ass Zeit fir ze goen.
- T.Germaine: Dir verloöst ons erem secher fir op d'Marei ze goen, Joffer Thinnes?
- J.Thinnes: Ech hun versprach ze hellefen, Madame.
- T.Germaine: Mé ech máchen Iech ock ké Virwurf.
- J.Thinnes: (sicht hir Sâchen zesummen a lét se an d'Mapp)
Ech brengen Iech och muer èr Kârt, Madame an och dem Véronique an dem Berta seng.
- Véronique: Nach Kârtten? An op wât gi mir dann elo erem rationne'ert?
- J.Thinnes: Et sin keng Ratio'nkârtten, Véronique, mé fir wielen ze goen, e Stömmziedel!
- Véronique: Mon Dieu.
- T.Germaine: Wéder dât ént nach dât ânert. P^oolitique, dât ass eppes fir Männer.
Ech gebrauchen dén Ziedel nett.
- J.Thinnes: Dât ass we' Dir wöllt, Madame, ech hunn Iech se dann op jifferfall ofgeliwert we' ech gesôt kritt hunn.
- T.Germaine: Joffer Thinnes, dir sitt dach eng gescheit Frâ. Mengt Dir dann tatsächlech, d'Frên vun hei, de' gengen matt wielen goen? De' gengen sech, den Dag vun de Wahlen an de Männer hir Sâchen erameschen an sech nach vielleicht vun hinnen auslâchen lossen?
- J.Thinnes: D'Frâen alleguer vun Granzen hun sech aschreiwen geloss an et ass bestemmt keng do de' nett matt wielen gét.
- T.Germaine: Mé ech frên Iech, wât verstinn di Frâen da schön vun Pôlitique?
- J.Thinnes: Mé, Madame, et handelt sech hei jo nômmen em eng Gemengewahl an et gin nach âner Problemer, ewe' politescher ze le'sen - sozial Problemer, administrativ Problemer, as.w. D'Ideen vun enger Frâ, matt engem gesonte Menscheverstand, können an eso' enger Kommission ganz wertvoll sinn.
- T.Germaine: A während dér Zeit kacht d'Zopp vum selwen an d'Stömp gi gestoppt vun Nôdenken an Iwerlé'en.
- J.Thinnes: Jidderén op senger Plâtz, Madame, eng Frâ de' gut Strömp flecken kann d'Zopp zur Zeit um Dösch stoen huet, ass do op hirer Plâtz an dengt eso' am beschten hirer Familgen an dem Land.
- T.Germaine: De Minister Bernard geng Iech eppes ânescht äntwerten, Joffer Thinnes. Ah, wann dén dât geng gesinn; Fraen an engem Wahlbüro.
- Véronique: E'schtens we' machen se dât fir sech nett ze ieren matt all dém Geziedels do? Wann ech nemmen drun dencken gett et mir schon dronken
Ech machen ewe' d'Madame, ech bleiwen hei, an d'Berta, ech huelen un..
- J.Thinnes; D'Berta huet mer schons un d'Hârz geluegt ech sollt hiren Ziedel nett vergiessen.

Véronique: D'Berta?

T.Germaine: D'Berta gét stömmen?

J.Thinnes: Majo secher, Madame.

T.Germaine: Meng Kächin gét stömmen, t'ass einfach lächerlech.

Véronique: Ewell gett d'Berta och nach revolutionnär. Ech gin nett me' of an d'Kichen.

J.Thinnes: (lâcht) Ma, Véronique, ech mengen d'Berta wés gudd wén hatt wíelt.

T.Germaine: Eng Verreckthét dât alles!

J.Thinnes: Ech muss elo goen.

T.Germaine: Bis muer Joffer Thinnes. Um 5 Auer hát Dir gesôt wären de' Dammen hei

J.Thinnes: Jo, um 5 Auer.

T.Germaine: An Dir wässt net, wât si gären fu mir hätten?

J.Thinnes: Madame. et ass besser wann d'Madame Bürgerméschter an d'Mne Martin Iech selwer erklären wuefir si de' Démarche mächen.

T.Germaine: Si machen eng Démarche?

J.Thinnes: Eng Démarche, jo

T.Germaine: Eng Démarche fum Bürgerméschter senger Madame an der Mme Martin Et kann sech nömmen öm irgend e gudden Zweck handelen, e Bazar vléicht?

Véronique: D'Leit kennen èrt gudd Hèrz, Madame

T.Germaine: Véronique, hält op. D'Joffer Zhinnes mecht dât alles so' geheimnisvoll, an si huet missen versprieche neischt ze verröden!

J.Thinnes: (lâcht) Et ass geschwönn 5 Auer, Madame, an dann git dir alles gewuer o'ni dat ech et verröden hun. Au revoir Madame. Vleicht bege'nen ech dé klenge Männchen eröm, dén ech göschter Owend beim Bösch gosin hát...

T.Germaine: E klenge Männshen?

J.Thinnes: E Bo'f fun 6 Jôer ongef'e'er, ze vill le'w.

Véronique: (jeitzt)...

All: Hien, Wât ass?... Wât ass geschitt Véronique?

Véronique: Ech ... ech ... ech hu mech gpickt.

T.Germaine: (gét bei et) Da weist emol, wo' dann?

Véronique: Ech wéss et net me', hir.. an d'An .. an d'Hand... mais da git dach J.Thinnes. Dir kommt soss ze spe't!

J.Thinnes: (lâcht) Ech gin schön. Véronique. A wuer. A wuer Kanner.

Brig.+Odile: A wuer Joffer Thinnes.

J.Thinnes: (fun dobaussen) Schafft gudd!

Brig.+Odile: Jo.....

2. Scène

Tante Germaine, Véronique, Brigitte, Odile, Annette

- T.Germaine: Dir hät mir elo Angscht gemäch Véronique, Dir git ömmer me' nervös,
 Véronique: Ech? Mais Madame, ech sin eso' ro'eg ewe' gewe'nlech. Firwät wär ech och net ro'eg... et ass neischt, iwerhäpt neischt.. net dat d'Madame geng phantasieren.
- T.Germaine: Ech phantasieren net, mai le'wt Véronique, well èr Phantasie gét schon grad duer an deem Haus. (zum Annette) Annette, Dir sorveiert den Te' am klengen Salon, duorfir deckt elo nach direkt den Dösch do.
- Annette: Dät hun ech shho gemäch, Madame. Dir hät mir dät schon de muergen gesöt.
- T.Germaine: Et sét én Madame, Annette.
- Annette: We' Madame Annette?
- T.Germaine: Madame an der drötter Perso'n: d'Madame hät mit dät schon de muergen gesöt.
- Annette: A jo, pardon, ech vergiessen de' Perso'n do ömmer, de' drött do!
- T.Germaine: Versicht Iech ze besseren.
 (Véronique gét bei de Spiegel a mósst den Hut eröm op. Médercher lächen)
- Véronique: Eso' ass e me' le'w gell. Ech könnt vleicht nach e Flilenk drun bitzen?
- T.Germaine: E Flilenk fu wät?
- Annette: E Flilenk fun engem 4Takt-Motor, engem Helikopter.
- T.Germaine: We'
- Annette: Entschöllegt Madame et wär nömmen fir ze lächen!
- Véronique: (gét bei d'Annette) Ech geng gär wössen firwät Dir mir do fun engem 4Takt-Motor, an engem Helikopter Schwätzt?Hun ech Iech eppes gefrôt?
- Annette: (iwerrascht) Oh, mais Joffer Véronique, ech wollt Iech net be2s máchen Ech hun Iech dach net beleidegt. En 4Takt-Motor, wösst Dir we'nenstens wät dät ass?
- Véronique: Dät ass e Flíger?
- Annette: Ah!
 (Médercher sin iwerrascht)
- T.Germaine: A wo'hir kennt Dir de' Sächen meng Le'w?
- Véronique: Hein mais... mais.. ech kennen se net! Dir könnt mir et frei gléwen.. Ech sôt dät fir.. fir eppes ze sä. Wo' denkt Dir hin Madame, ewe' wann ech eppes mat 4Taktmotoren ze din hätt oder 2Taktmotoren.. nén! elo... ech... ech hun nach ni de Schwanz fun engem ... de Schwanz oder de Fliler gesin. .. nén ohn nén .. nén Madame, ech versechere Iech, wann senger Liewen eng Ke'er eso' én heihinner ke'm, ech geng en net eralössen... a nén... bestömmt net.
 (Médercher lächen hárt)
- Véronique: Wät dann? Wät hun ech dann elo eso' Lärherlech gesöt?
- Annette: Ma Joffer Véronique, e Flíger dé könnt net hei eran, e Flíger dé land (mecht Geresich fun engem Flíger dé land an och d'Gesten derbei)
 Brrrrrrzzuuuuurrrrrrr
- Véronique: Wöllt der wuel ro'eg sin, schwätz mer net fun so2 Sächen, an dann dé Kome'di do!
- T.Germaine: Ma färwät da net?
- Véronique: (wéss net wät antworten) Dät erönnert mech un.. un d'Bambardementer!
- T.Germaine: Ma hei zu Granzen sin dach guer keng Bomme gefall!
- Véronique: Nén, mais si sin hei eriwere geflun, genau... ewe'
- T.Germaine: Ewe' wät?
- Véronique: Ewe'.. ech wéss et net, Madame!
- T.Germaine: Jo, dät gléwen ech Véronique, well we' de' lüsch geflun sin do so'tzt Dir am Keller an engem eidelen Fäss...
- Véronique: Oh, ech hun awer net gefárt, nömmen
- T.Germaine: Awer d'Fäss huet geziddert (Médercher lächen)
- T.Germaine: Ech gin emol kicken op och alles an der Rei ass fir den Te'. Véronique, git Dir mat, mir müssen och nach nóm Lengend kucken.

- Véronique: Jo, Madame.
- T.Germaine: Da kommt Dir òch op âner Gedanken. Dir sche'nt mir zanter e puer Dég duerennén ze sin.
- Véronique: Duerchenén, mais, mais ganz a guer net.. et ass guer neischt geschitt.. a firwát wär ech dann duerchenén?
- T.Germaine: Wát wéss ech? Kommt lósst mer gên. Ah, nach eppes, Dir brengt mer och nach meng Jumellen. Stellt Iech emol fir, zönter e puer Dég gesin ech fun menger Fönster aus eppes dohannen beim Bösch, an ech kann mam beschte Wöllen net entschéden wát et ass.
- Véronique: (gere't an Panik) A mon Dieu, Dát huet mer elo nach grad gefélt. Madame dir dárft dát net ze kucken, nén... nén, nömmen net kucken...
- T.Germaine: Ma Véronique, Dir kommt nach op émol niewt de Kapp.
- Véronique: Nén, Madame, nén. Mé dát .. eso' eppes op onsem Grond a Buedem, vleicht sin et Gespenster. Jo ganz bestemmt sin et Gespenster. Dir dárft se op ké Fall kucken!
- T.Germaine: Mé Dir wesst net me' wát Dir sôt. Wann dát eso' weidergét, soen ech den Dokter Mores soll emol hei passe'ren fir Iech ze ennersichen.
- Véronique: Den Dokter? Ma ech sin dach net krank. Mir g/t et dach gudd, ganz gudd... ech sin löschtég.. hu keng Suergen.. ech sangen lalalal (gét aus)
- T.Germaine: (zum Annette) Annette, den Owend wann Dir dehém gitt, dann passe'ert Dir beim Dokter a sot, hien soll muer de Muergen hei länscht kommen.
- Annette: Jo Madame.
- T.Germaine: Et ass dann me' ro'ech. (gét aus)

3. Scène

Annette, Brigitte, Odile

(So' bál de' drei eleng sin, gin se' vill me' liewech)

- Brigitte: (kremmt sech funlâchen) hahahahaha
- Odile: (t'selwecht) hou hou, ech kann net me'.
- Annette: (t'selwecht) ho ho, ech platzen, ho ho.
- Brigitte: Nén me' sérieuse geschwát, wát ass nemmen mam Véronique?
- Annette: Et huet bestemmt eng Schrauw lass!
- Odile: Wát wöllt dát scen?
- Annette: Ma dát héscht et ass iwetgeschnappt.
- Brigitte: So Annette, hues d'illustre'ert nie me' eremfonnt de's de ennext d'Auer verstoppt hás?
- Annette: Nén, ni me'. Mengt Dir vleicht?..
- Brigitte: D'Véronique huet se bestömmt fonnt...
- Odile: Hat huet alles vun de Fliegoren doraus geliess an ...
- Annette: An dát géschtert elo alles an hirem Kapp erem an sie kritt et net verdaut. D'Joffer Véronique, och en Opfer vum Modernismus, geng d'Madame scen. (D'Médercher lächen)
- Brigitte: (sprengt op) Ei! D'Joffer Thinnes huet meng Géométrie verbessert, an sie sôt ech hätt vill Fortschrötter gemâch.
- Odile: A mein Latein dann, dát wor de muergen och net schlecht.
- Brigitte: Wát könne mir fro' sin datt mer d'Joffer Thinnes als Professor hun!
- Odile: An d'Annette ass och e Professor!
- Annette: Professor am Foot-ball!
- Brigitte: Jo, alles hepp, kommt mer sche2ssen e puer Goaler
- Odile: Hei bannen?
- Brigitte: Mir reckelen d'Miwelen e besschen op d'Seit.
- Annette: Ech hun de Ball awer net mattbruecht.
- Odile: Hei, dát hei ass e flotte Ball. (Werft dem Véronique sein Hutt an d'Lúcht)
- Brigitte: Oh, den Hutt?

Annette: Jo, den Hutt, allez lass.
(Reckelt d'Miwellen; 2 zielen als Goal, op engem stét e Vase)
Hei ass de Goal. D'Brigitte ass de Goalkeeper. Allez lass.

Odile: An ech?

Annette: Dir sitt d'lenks Bad, eso' le'ert Dir d'Wieder och kennen. Hei ass de Ball, allez sche'sst.
(Odile sche'sst de Ball op di âner Seit). Di drei stierzen sech op de Ball an zerstreiden sech fir de Ball. Endlech huet d'Annette e kritt)

Annette: Net dribbelen lössen.

Odile: T'ass u mir.

Brigitte: Nén.

Annette: (huet de Ball vum Odile passe'ert kritt) Eng wonnerbâr Pass. Bravo!
(sche'sst de Ball op de Goal. Brigitte fängt en op a sche'sst zreck)
Odile, bleiwt Dir fir, òh bleiwen hei des Seit vum Goal.
(et gét alles durchernén, d'Médercher rennen an zertreppelen den Hutt, lâchen zeÿen um Hutt, e richtegen Kudelmudel.
Allez, Odile, dribbel, dribbel bis bei de Goal an dann Schoss, schnell.
(Sie kommen emmer me' no bei de Vase, d'Brigitte st'esst nach eng Ke'ier widder den Hutt, sie sto'ssen widder den Dösch, d'Vase fällt erof an zerbrecht. An dem Moment könnt d'Véronique eran)

4. Scène

Annette, Brigitte, Odile, Véronique, T.Germaine (Könn't gleich në)

Véronique: Mon Dieu, a wât ass dann hei geschitt? Wien jeitzt eso', wât e Kombidi!
Mé dât ass jo schrecklech!

Brigitte: T'ass neischt geschitt, Véronique, mir hun e besschen Football g'spilt, an dun...

Véronique: Wât hutt dir g'spilt? (jeitzt) Oh mé dât ass jo mein Hutt! Sie hun mein sche'nen Hutt zertreppelt!

Odile: Ma nén dât war de Ball...

Véronique: Wât fir e Ball? An de' sche'n Vase, oh mon Dieu, ma ass dann ehei eng Revolutio'n am gång? (léft bei Dir) Madame, Madame.

Brigitte: O mei, elo si mer beläffelt!

Odile: Véronique, sitt ro'ech.

Véronique: (rift ömmer wieder) Madame. se'er, Madame, kommt se'er..

T.Germaine: Ech komme jo, wât ass dan geschitt? (vun dobaussen)

Annette: (onro'eg) De' Ke'ier gett et en Donnerwieder!

T.Germaine: (kennt eran) Abé jo (kuckt sech allen un)

Véronique: Madame der Deowel ass hei am Haus. D'Médercher spillen e Männerspill... Football! Jo Madame, an hei mein Hutt hun se als Ball geholl.

T.Germaine: Wât sôt dir? Wât ass hei lass? Wât héscht dât do.

Véronique: Ech sin iwerzécht datt d'Annete sie eso' eppes grujelech's gele'ert huet.
Annette

Annette: Dât ass neischt grujelech's, dât ass e Spill!

Véronique: E Spill fir Jongen, gefe'erlech, guer net fein.. an dât mein Hutt futti mecht.

Annette: Mei Gott, et ass dach kén Drama wann èren Chapeau-Claque e beschen zerte'scht ass.

Véronique: Mei chapeau-claque...?

Annette: Hut Dir Iech dé gemâch fir bei erem Freier dohannen an de Park ze goen.

Véronique: Ah mon Dâu! Wât sét et do?.. Madame, lauschtert him net no! Et ass onnerhe'ert!

T.Germaine: Ma Véronique.

Annette: Si mecht sech ömmer so' scheinhelleg, an dan erwescht én se owes dohanne beim Gelänner mat engem Mann!...

- Véronique: (Le'sst sech op e Stull fâlen) Ech stierwan.
T.Germaine; (ongedölleg) Mais wât wöllt dât alles sôen. Kre'en ech da bâl eppes âneschdes ewe' Iwerspânthéten ze he'eren (Véronique rîcht sech rôm e bachen op) Wât wor hei lass, Odile, Brigitte?
Odile: Mir wollten spillen Tante Germaine.
T.Germaine: Wât wollt dir spillen?
Brigitte: Football.
T.Germaine: Onme'gelech. A wien huet Iech eso' e Spill gele'ert? (Médercher becken de Kapp, äntwerten net)
Annette: Ech war et Madame
T.Germaine: Gudd! An dén Hutt, wât ass mat dém..
Brigitte: Dât wôr onse Ball.
Odile: An den Dösch an de Stull de Goal.
T.Germaine: Football ze spillen, hei an dösem Zömmer, önnert dem Portrait fun èrem Monni, dem Minister Bernard! Hut dir da fir un neischt me' Respéct
Brigitte: Mir hun net dorunner geduecht.
T.Germaine: An Dir Annette. Eso' mâch Dir et, wann én Iech traut.
Annette: Oh, Madame, ech wollt neischt Schlechtes Mâchen, au contraire.....d'Brigitte an d'Odile langweilen sech eso' hei op der Burg, weit ewech fun alle Spiller an Distractio'nen.
T.Germaine: Dir hut net ze ûrtélen iwert d'Distractio'nen de' meng Niessen ne'deg hun. Op der Plätz verlöss Dir dest Haus. Lösst Iech de Rescht fun èrem Gehalt fum Berta ausbezuelen, a muer schwetzen ech mat èrem Papp.
Annette: Oh, Madame, ech sin net schlecht.. ech...
T.Germaine: Versicht net mech z'erwéchen, git elo! (Annette gét)
Annette: Gudd Madame (fort)
T.Germaine: An dir zwé gir direkt op èrt Zömmer, an den Owend get et nömnen drechent Bro't.
Odile: (kreischt) Jo Tante Germaine
Brigitte: (kreischt) Jo Tante Germaine (Mâchen e klenge Knicks a gin am kreischen fort)

5. Scène

- Tante Germaine, Véronique
Véronique: Wât én onglecklechen Dâg. A wien hätt eso' eppes de muergen geduecht. Ech sin erschloen. An de' kleng Hex vun Annette, dât huet Iech awer eng Phantasie.
T.Germaine: Kommt mer raumen e beschen heibannen, Ech empfänken de' Dammen awer le'wer hei an desem Zömmer.
Véronique: D'Madame gléwt dach secher net de' schrecklech Geschichte vun dém Mann am Park?
T.Germaine: Ech gléwen iwerhâpt neischt Véronique.
Véronique: E Mann. A we' so' wâr e Mann am Park, oni èrt Wössen Madame...an dann nach mat mir, oh mon Dieu! mat mi!
T.Germaine: Jo tatsächlech...
Véronique: D'Madame kennt mech dach! (während dèr Zeit setzen si alles rôm op seng Plätz)
T.Germaine: Secher Véronique...obschons...zenter 14 Dég...wirklech, dir kommt mir muenchmol komesch fir....
Véronique: Ech Madame?
T.Germaine: Jos, eso' schlömm, dat ech mir schons Suergen gemacht hun.
Véronique: (fest) Madame, ech muss Iech et sôen..ech muss mat Iech schwetzen.... elo muss ech erzielen, der Rei no...also.. Wann Dir emol eng Ke'er gengt versichen gewuer ze gin, wât aus dem Angèle gin ass?
T.Germaine: Wât? Wuerfir schwezt Dir fun enger Perso'n de' ech net me' kennen?
Véronique: Oh, fir neischt... et wor nömnen so' eng Idee...
T.Germaine: Dir wârt him dach net zo'fâlleg geschriwen hun?

- Véronique: Ah, nén Madame!
- T.Germaine: An hat Iech och net?
- Véronique: Ah, nén, dât schwieren ech.
- T.Germaine: Dann ass alles an der Rei, da lösst mir meng Ro'.
- Véronique: Dir wärt dach eso' fro' mat him. Dir wärt traureg we' hat fortgängen ass... an hat selwer och. Et wär glectlech wann et seng Tante Germaine könnt eröm gesin.
- T.Germaine: Véronique, et gét fuer.
- Véronique: Sei Mann...
- T.Germaine: Genuch, ech hun dât Kand ént fir allemol aus mengem Gediechtnis verluer. Ech wöll och net wössen wât et mecht. Hat huet mir zevill Misär gemâch.
- Véronique: Et schreiwt réglemässeg. Vleicht erzielt et fun senge Kanner. D'leschte Ke'er wôr en Timber aus Egypten drop. Hat rést vill.
- T.Germaine: (hârt) Ro'eg sœen ech, ech befielen Iech elo, neischt me' dofunner ze schwetzen. Ech frôan mech wât fir é Wand eswell an diesem Haus hei ble'st? Mais ech passen schons gudd op. Ech gi ké Schrack no, weder an de Gebreicher nach an déne neie Mo'den an och net bei dénen de' déne Mo'den nogin. D'Annette hun ech lo fortgescheckt. Wann d'Joffer Thinnes sech irgendwe' verdächtig mecht, geschitt hir dât selwecht. An dir Véronique wann dât modernt Liewen Iech lackelt, da giß dofunner Schwächen, mé net hei bei mir. A wann ech eng Ke'er eppes fun Iech an dém Angèle he'eren da wöll ech Iech och net me' gesin!
- Véronique: (et schellt) Oh, Madame!
- T.Germaine: Elo werden de' Dammen kommen. Dir git den Te' sichen, wann ech Iech Beschéd gin.
- Véronique: Jo Madame.
- T.Germaine: Hut dir meng Jumelles font?
- Véronique: (we' op Kuelen) A nén Madame, nén, de' fannen ech garante'ert net me', (Et he'ert én de' Dammen schwetzen; T.Germaine gét bis eraus hinnen entge'nt)
- T.Germaine: (dobaussen) Kommt bis eran dir Dammen. Bonjour!
(kommen eran zur Dîr) allen 2 einfach æwer mat goût geklét. Mme Haas Bürgerméschteg ass schons me ál, Mme Martin jonk a charmant)

6. Scène

T.Germaine, Véronique, Mme Haas, Mme Martin

- Mme Haas: Bonjour Madame Bernard. Erlâbt mer Mme Martin, dat ech Iech d'Madame Bernard, Propriétärin hei fun der sche'ner Burg virstellen. Si ass ömmer berét ze hëllefen an hiren Dévouement ass iwerall bekannt.
- T.Germaine: (einfach) Ech bieten Iech.
- Mme Martin: Et frét mech ür Bekanntschaft ze máchen, Madame, mé et frét mech och de' wonnerbar Arrichtung ze gesin, e richtege Bijou aus der áler Zeit. Entschöllegt, wann ech firwötzig sche'nen, awer ech bewonneren dât alles.
- T.Germaine: Dir sit zevill le'w Madame Martin. De' Wunneng hei war fre'er vleicht gro'ssarteg, firun langer Zeit we' nach me' Enegekét an Zefrüddenhét op der Welt war... Ech stellen Iech ons Gouvernante, d'Joffer Véronique fir.
- Mme Martin: Bonjour Joffer Véronique, ech hu schon fân Iech schwetzen he'eren.
- Véronique: (schi) Fu mir Mme Martin?
- Mme Haas: Genau, fun Iech, Véronique. Dir sit bekannt a ganz Granzen
- Mme Martin: Ewe' e Star!
- Véronique: Ewe' wât?
- Mme Haas: E Star. Véronique.
- Véronique: Mon Dieu, dât wärt dach net röm eppes fun engem Flíger sin?
- Mme Martin: (lâcht) Mais nén, Véronique, dât ass eppes aus dem Kino
- Véronique: (ängschtlech) Aus dem Kino abé...

- T.Germaine: (önnerecht) Huelte Iech Plätz dir Dammen. Véronique, gitt dir den Te'sichen.
(Véronique wöllt fortgoen)
- Mme Haas: Nén, ech bieden Iech, Madame. Mir hun net vill Zeit. Mir wöllen net onhe'flech sin an Iech verhenneren eren Te' a Ro' ze drenken.
- Mme Martin: An enger halwer Stonn müssen mir op der Märei sinn.
- T.Germaine: Mé.. ech bedauern...
- Mme Martin: D'Bedauern leit op onser Seit, meng le'f Madame a mir entschöllegen eis. Iwrigens, wann der erlâbt, ech ke'm gär fir me' l'ang bei Iech, én Dâg wo' et Iech passt.
- T.Germaine: Dât geng mech fré'n Mme Martin, a wann dir wöllt dann hale mir gleich den nexte Mettwoch fest.
- Mme Martin: Den e'schten Mettwoch no den Wahlen, mé dât trefft sech gudd.
- T.Germaine: A jo et sin Wahlen (e beschen ironesch)
- Mme Haas: Mir komme bei Iech Madame Bernard.. Mir brauchen Iech...
- T.Germaine: Ecg sin ganz O'er
(Et he'ert én d'Gereisch fun engem Flieger)
- Véronique: (verzweifelt) Mon Dieu, a wat machen se elo erem? Ech mâchen d'Fenster zo'.
- T.Germaine: Mé Véronique, dir wârt ons dach net we'nt engem Flieger erstecken l'osse
- Véronique: Wât sollen se elo erem erfont hun?
- T.Germaine: Ma wien dann, fu woem schwetzt Dir nemmen,? Dir musst Joffer Véronique entschellegen, mé si huet eng schlümm Nervosite't fum Krich hir behâlen
- Mme Martin: Mir verstin. Bero'echt Dech Véronique, d'Fliegeren vun haut de' bracht dir net me' ze fârtén.
- Véronique: Abé Madame Martin, ech sin èrer Mènung.
- Mme Haas: Ma dé Flieger erönnert mech un d'Hâptgesprèch aus dem Duerf,
- Mme Martin: Ech hun och he'eren, de' berühmt Aviatrice, d'Mme Johanny geng mat hirem Mann, incognito hir Valenz hei an der Ge'gend verbrenge.
- Véronique: Mon Dieu, l'oss et bletzen an donneren.
- Mme Haas: Nümme et wés kén genau wo' se sech verstoppen.
- Mme Martin: Et hätt é können hinnen zu E'eren e gro'sst Fest organisieren. Zweé eso' gro'ss Wessenschaftler.
- Mme Haas: De' eso' vill fir d'Memschhét machen.
- Mme Martin: Mé ech gesinn d'Madame Bernard bleiwt ganz ro'eg. Sie begéschtert sech net fir de' berühmt Piloten.
- T.Germaine: Jo ech gin et zo' et gét mer net, all di Erfindungen de' se haut machen.
- Mme Haas: A wât ass Iech dann geschitt Joffer Véronique?
(Véronique hellt d'Hänn virun d'Gesicht we' wann eppes em ge'f op de Kapp fâlen)
- T.Germaine: Véronique, wât ass Iech dann elo erem geschitt?
- Véronique: Neischt..Neischt.. ech hun en Wimper am Aan.
- Mme Martin: E Wimper a we' ass dén dann dorann komm?
- Véronique: (wéss net me' wât et sét) Jô en huet mer d'Hârz duerchstach!
- Mme Haas: E Wimper dén et duerchstach huet?
- T.Germaine: Ech wéss wierklech net wât lass ass mam Véronique di lescht 2 Wochen. Wo' ass dé Wimper?
- Véronique: Ech wéss et net, et wert fortgeflunn sin.
(D'Geweisch vum Flieger me' weit ewech) Mon Dieu, do ass dePieper.
- T.Germaine: Wat fir e Pipper?
- Véronique: Den Taxi... nén den Aeroplane...
- T.Germaine: Onme'glech. Allez Véronique, huelte Iech e beschen zesummen an l'osst de2 Flieger emol matt Ro'.
- Véronique: Jo, Madame, ech l'ossen sie mé' sie l'ossen mech net mat Ro'.
- Mme Martin: Et ass eng Art Iwerspânthét.
- T.Germaine: Mengt Dir? Véronique, gitt emol kucken op d'Kanner och op hirer Kummer sin.
- Véronique: Jo, Madame.
- T.Germaine: An et bleiwt beim drechnen Bro't. L'osst Iech net erwéchen ewe' gewe'n-lech.

- Véronique: Mon Dieu, mon Dieu. D'Leit sin alleguer irgendwe' an dé Modernismus verweckelt. D'Kanner mat hirem Football...ech...mat...ou la la...
 Aren Madame, dir sit nach de'enzeg, de'dér gudder âler Zeit trei bleibt
 T.Germaine: Allez, Véronique, lôsst ons clong. (Véronique fort)

VII.Scène:T.Germaine - Mme Haas - Mme Martin.

- T.Germaine: Ech verstin eist Véronique net me'. Muer könnst den Dokter. Wât ass dât haut en Dâg.
 M. Haas: Hât Dir Schwieregkäten?
 T. Germaine: Be'ss Zweschefall, jo. Elo e'nescht hun och meng Niesen nissen streng beströfen. Et huet én modern Gewunnechten an det Haus era-bruecht obschons och et verbueden hât. D'Resultat huet net lûng op sech wârde gelôss. D'Kanner, de' bis elo nach éamer respektvoll an discipline'ert wôren, sin ewe' úngewandelt, richteck wöll gin, guer net me' ewe' fein jong Hédercher.
 M. Haas: Mei Gott a wat hun se dann nennen gemacht?
 T.Germaine: Eng Partie. We' nennt én schons elo dat omme'erlecht Spill wo' én sech mat Fe'ss rennt fir e Ball?
 M. Martin: Dat kann nennen Rugby gewiescht sin.
 T. Germaine: Nén, et wâr en âneren Numm.
 M. Haas: Vleicht Football?
 T. Germaine: Jo eso' ass et. Sie hun heibannen Football gespielt.
 M. Haas +
 M. Martin: (kucken ronderen sech) Heibannen?
 T. Germaine: Jo hei éamert den Portrait vun hirem Monni, den Minister Bernard
 M. Martin: Ma dat war awer nach guer net so' einfach, heibannen!
 T. Germaine: Sie hun d'Niwelen op d'Seit gesto'ss, en Kutt zertreppelt, eng Vase gebrach.. Ech soon iech, ech hun nissen streng sin. Ech hun och d'Annette Streng, dât di lächerlech Spiller hir an dat Haus brengt erôn fortgeschecht.
 M. Haas: D'Annette ass awer e le'ft a gefällecht Mëdchen.
 T. Germaine: Et huet eso' allerhand Echoen aus dem Duerf matbruecht, et huet meng Niesen Sâchen gele'ert, modern Sâchen soon ech, de' ech guer net accepte'ren kann.
 M. Martin: Dann sitt dir also wierklech e Ge'gner vun der moderner Welt meng le'f Madame Bernard?
 T. Germaine: Ganz entschidden, ech mengen d'Leit gin geschwônn man Kapp um Eueden. Ech hätt le'wer sie ke'men eren zreck zu dénen ro'ecken an einfachen Gebreicher fun fre'er, wo' d'Leit net no Motoren an an âneren Méchaniken verlângt hun a wo' d'Fraen net versicht hun d'Männer ze ersetzen do wo' nennen Männer ne'dech sin.
 M. Haas: Meng le'f Madame, ech verstin iech jo, mé d'Evolutio'n vun der Frâkennt dohir, datt sie forze'ert durch di lescht Kricher, oft âner Arbechten huet nissen machen wo' bitzen a brode'ren. Sie huet och nissen gro'ss Responsabilite'ten op sech huelen.
 T. Germaine: Sie huet der zevill iwerholl.
 M. Haas: Elo ass et schwe'er hinnen dât eren ewechzehuelen wât se sech erschafft hunn. An, könnte mir haut all hir Servicer entbieren?
 T. Germaine: Mir kommen nach eng Ke'er erôn dohinner zreck. De' Zeit wo' all Dâg eppes neis erfonnt get, wo' eng Sâch all Dâg en âneren Wert huet, de' Zeit he'ert och eng Ke'er op an dann dre'e mir ons der gudder âler Zeit nés zo', de' me' secher a me' ausgeglach war. Mei Mann huet dât schon éamer gesôt.
 M. Haas: Mengt dir dann wierklech, Madame, et könnst én d'Zeit unhâlen, an et wâr gutt sech ge'ngt d'Evolutio'n ze steipen? D'Ziel vun Modernismus, dén dir so'gâr verwerft, ass dât dann net d'Erle'sung vun Mensch an allen Hinsichten? Oh natirlech, mir sin nach weit dovun ewech. De Fortschrett, dé sicht sei fe, irt sech och ganz oft, gét ze schnell, né éamer sin et Menschen de' sech hin an de Wé stellen. Al Sâchen hun hiren Wert, t'ass wo'er, dât stómt.

- M. Haas: Mé wât soll én do machen? De Progès ophâlen? Dat sin Illusio'nen. Dat wâr t'selwecht we' wann én eng Bach ge'f de Biërg eroplafen vlössen. Ech mengen et ass besser matt senger Zeit ze liewen we' gengt seng Zeit. Lösse mer un dat Modernt erun gön o'ni Virurdél a versichen gerecht ze bleiwen, a lösse mer versichen dât bescht draus ze ze'en fir dât zukünftecht Glect wum Mensch.
(Et bleiwt e Moment ro'ech)
- T. Germaine: Mé dir Dammes, wann ech gudd verstân hun, dann sitt dir heihinner komm fir....
- M. Haas: (gene'ert) Jo... hm;...
- T. Germaine: Om wât handelt et sech dann?
- M. Haas: Et ass... dât héscht... elo...
- M. Martin: Also de' Einleitung do war net grad dofir gemacht, fir ons de' Missio'n hei ne' licht ze mâchen.
- T. Germaine: Mé ech bieten iech, ech mengen ech hât schon oft genuch d'Golégenh fir iech mei gudden Willen ze beweisen. Störnt dât net, Madame Haas
- M. Haas: Oh, dât störnt, Madame, èr Hellef wôr ommer prompt do, wôr et fir d'Kanner, de' âl Leit, d'Flüchtlingen oder de' Blann..
- T. Germaine: Ech bieten iech...
- M. Haas: Et huet och nach ké vergiess datt dir am lrich eso'vill Jungen verstoppt hât.
- T. Germaine: Dât wâr ech mengen Land schöllech.
- M. Haas: Gewöss.
- M. Martin: Majo Madame Bernard da könnt én vielleicht sôn mir breichten erôn én Dengscht vun Iech fir d'Land.
- T. Germaine: We' dât dann?
- M. Martin: Wann dir ge'ft verstôen datt d'Land erôn èr Hellef brauch, zwar net fir eng Heldentat, mé einfach fir sech mat engen gudden Urdél a Menschwerstand om seng Affairen ze kômmeren.
- T. Germaine: Eng Sâch aus der Regierung?
- M. Martin: We'nistens em de' aus der Gemeng.
- T. Germaine: Ma ech...
- M. Haas: Et huet sech eraus fomnt datt op de Löschten fir di next Gemeinewahlen e puer Kandidaten a verschiddene Richtungen gin an dun wolliten mir eng Löscht opsetzen mat ne'.... we' soll ech soon...
- M. Martin: Me' Leit de' repräsentativ sin duerch hiren individuellen Wert an de' verstânnech genuch sin an Cader vun enger gudder a gesonter Gemeinerverwaltung ze bleiwen, o'ni sech weider om d'Politik kômmeren ze wöllen.
- T. Germaine: Ah de' Politik!
- M. Haas: Eben, mir wöllen keng Politik dreiwon.
- M. Martin: Dat héscht keng Politik de' onro'ech, be'sartech ass oder ze weit gét.
- M. Haas: Natîrlech.
- M. Martin: Mais eng opbauend Politik, de' uh d'wuel fun alle Leiden denkt an d'Freihét fun Mensch respekt'ert, de' muss, par conter onst Ziel sin.
- M. Haas: Dât ass richtig.
- M. Martin: Hei zu Granzon wéss jidderén dass d'fme Bernard hëllefberét an dévoue'ert ass, datt é mat hiner Hëllef vill Schwierigkéten kann öngoen, jo datt sie eso'guer, wann et ne'deg wâr, de' Hypermodern ge'ng bremsen,....
- M. Haas: De' alles wöllen iwert e Ko'p rennen, alles wöllen änneren.
- T. Germaine: Ech verstinn.
- M. Haas: De' Hären vun Conseil, mein Mann un der Spötzt, behâlen ommer eng gutt Erönnerung un de Minister Bernard. Dât wâr e gudder Mann!
- T. Germaine: (gere'ert) Oh, jo!
- M. Martin: Sie schwätzen ommer mat dém gro'ssten Respekt fun him.
- M. Haas: De Minister Bernard huet ze vill fre' fun on niste fortgoen.
- T. Germaine: A wîem sôt dir et!

- M. Haas: Wann hien nach ge'ng lieven, selbstverständlech hätten de' Hären hien selwer gefrôt, mais leider!....
- M. Martin: Mais hien huert song Frâ hammerlöss, eng Frâde' dén bedeitenen Nunn verdengt huert ze droen, an de' wann se ge'ng wöllen, en dierft allen Wähler a Wählerinnen vierhalen.
- T. Germaine: Mais... mais.. de' Dammen wöllen dach secher net soen...
- M. Haas: Le'f Mme Bernard, le'f Fröndin, mir kommen fir Iech ze froen, op Dir wöllt kandidate'ren fir de' nächst Wahlen.
- T. Germaine: Fir dat ech... dat ech.. gewielt sollt gin, ech?
- M. Martin: Eren Nunn op' onser Löscht an sie gët durch, ganz bestömt.
- T. Germaine: An ech ge'ng.... ech ge'ng....
- M. Haas: Dir ge'ngt Gemenge Conseillier gin fun Grenzen.
- M. Martin: E'schten Adjoint, wann Dir et wöllt.
- T. Germaine: Wärt émol... wärt. (pötzt sech an den Arm)
- M. Haas: A wät macht Dir?
- T. Germaine: Ech we'sst gären op ech net schlofen, op ech dät net alles drémen ech pötzten noch! Aua!.... Nén ech drémen net.
- M. Martin: (se'er) Ech bieden Iech, Mme Bernard, schlôt ons dät net ôf. Dir gengt ons a Verlééhét brengen, an et wär schlömm, wann durch èr Ofsôd'Gégenlöscht ne' Stömmen kritt. Mir machen keng Politik, mais.....
- M. Haas: Mir hun nömmen excellent Prinzipien, dät wösst dir.....
- M. Martin: Wät wöllt der hun, et ass haut de Fräen hir Pflicht sech öm ne' ze kömmeren ewe' öm d'Kachdöppen, wann de Minister Bernard ons könnt he'eren a gesin, hien ge'ng ons nömmen Recht könne gin, an hien ge'ng Iech bestömt röden, de' Plätz ze besetzen, wo' sein Nunn dann an E'eren glänzen könnt.
- T. Germaine: Oh, dät ass alles eso' onwahrscheinlech... eso' onerkaft ät de op noch ze'könt. An ech wöllt émol net mat stömmen goen.
- M. Haas: Streng geholl.... Dir rist net stömmen goen, Mme Bernard.....
- T. Germaine: (einfach) A virwät dann nôt? Dät get eng Stömm wider fir ons!
- M. Haas: Ah.... dir wöllt also.....
- M. Martin: Bravo! Mir hunons Fröndinn gewonnen fir d'gut Säch, an sie ne'cht hir Pflicht fir d'Land. Muer könnt en Auto Iech sichen a feiert Iech op d'Gemeng. Dir kritt do all de' aner Kandidaten virgestallt Dir könnt och do Virschle' machen fir d'Opstellung fun Taggen u.
- T. Germaine: Oh, dozo' sin ech bestömt net kapabel.
- M. Martin: Au contraire, er Ménong ass bestömt oft ganz wertvoll...
- M. Haas: An dir sit eng gut Konkurrenz. Leider müssen mir ömmer erZön dorop zreck kommen.
- T. Germaine: Ah, so'.
- M. Martin: D'Gégenpartei, de' verfügt iwert Gelder, et wéss én net wo' se hir kommen, an doge'nt wär et gut, wann op onser Löscht elauter Leit aus gudden Familjen ge'ngen kandidate'ren.
- T. Germaine: Jo,jo....
- M. Haas: Et muss dach wonnerbar sin, wann én geseit ewe' engem song Ideen lieweg gin, net? Well et kann net eso' bleiben ewe' et elo ass. Et kann én wuel an engen klengen Gemengerôt eppes firbringen, mais dén hönnert Ich dann dach enges Dägs drun et no den Députe' erten Wahlen an onger gro'sser Assemblée ze proklame'ren....
- T. Germaine: Wät! Députe'erten?
- M. Martin: Virwät net! D'Land brauch eso' Leit ewe' Dir, Madame!
- T. Germaine: Députe'erten!
- M. Haas? Minister!
- T. Germaine: Et get mer schwidleg! Eng einfach Frâ we' ech...
- M. Haas: D'Frâ fun dem Minister Bernard!
- T. Germaine: T'ass wo'er!
- M. Martin: Also we'ni soll den Wön Iech dann ofhuelen kommen!
- T. Germaine: Elo.... ass dät eng Automobile?

- M. Martin: Et ass eng Mercedes, wo' Dir ganz secher dran gefo'ert git, bero'egt Iech. Un 14 Auer30 ge'ng dât goen, dann wärt dâr un 15 Auer an der Gemeng
- T. Germaine: Dir sôt... 14.... (zielt op de Fangeren) dât wär un.....
- M. Haas: Halwer drei.
- T. Germaine: Jo ech sin net gewint d'Auer eso' ze nennen.
- M. Martin: Al Gewunnegten sie hun hiren charme, Madame.
- T. Germaine: Oh, et ass nômnen eng Question fun Upassung.
- M. Martin: Dât do wär e gudd Wuert. Elo nussen mir zwer goen. Mir soen der zukünftiger Mme Conseillier awuer bis muer.
- T. Germaine: Dir macht de Geck, ech gin vielleicht iwerhâpt net gewieltn.
- M. Haas: A zum Beispiell! Dir kritt bestômmt de' néschte Stômment! Dir sitt bele'ft a ganz Grenzen.
- M. Martin: Au revoir, Madame, bis muer.
- M. Haas: Bis muer... Wann dir nach gären weider Renseignements hätt, dan kann mein Mann den Novend bis erop kommen...
- T. Germaine: Ech wöll den Här Bourgerméschter net déränge'eren,... mais.... dach.... vielleicht, wann hien wöllt eso' gentil sin.
- M. Martin: Hien kann Iech dât alles nômnen bestätegen, wât mir gesôt hun.
- T. Germaine: Jo, mais... wât wöll der hun.... et ass awer e Mann!
- M. Martin + M. Haas: lachen)
- M. Martin: De' gut Madame Bernard! Sie ass nach ömmer net iwerzécht fun der Emanipation fun der Frâ!
- M. Haas: An sie behällt den älen Respekt firun "Här" nach ömmer bie. Also gut, mir schecken Iech dann den Här Bourgerméschter selwer.
- M. Martin: Bis gleich.
- T. Germaine: Bis gleich, Mme Martin, awuer Mme Haas... au merci!
- M. Martin: (schons dobaussen) Nén, mir soen merci.
- T. Germaine: Op ké Fall! Merci datt Dir un noch geduecht hut... un mein Mann.
- VIII Scène - Tante Germaine oleng - durno Véronique
(T. Germaine bleiwt é Moment ganz verdaddert do stoen, dann richt se sech op, stellt sich firun de Portrait fun Minister Bernard a kuckt en un, dann gét se bei de Spigel a kuckt sech)
- T. Germaine: (ganz éscht) Madame Conseillier.
Véronique kennt eran nat enger Vase Blumen).
- Véronique: Ech hun de' Darnen gesin fortgoen.... Ech war Blumen schneiden. Et könnt én de' Vase an d'Plätz fun der gebréhner stellen?... D'Madame könnt dann dât klengt Ongleck me' schnell vergiessen, an sie ge'ng déne Käner verzeien. Sie kreischen allen zwé! Die gin nach krank.... dât ass secher... a wann se den nowend och nach neischt z'riessen'kre'eh... dât ass gefe'erlech! Sie hun versprach sie ge'ngen de Football vergiessen, an sie wellten och neischt me' fun der weier Welt kenne le'eren....
(T. Germaine denkt nach enmer no, Véronique hält d'Vase nach an der Hand, bekuckt T. Germaine, wart op eng Antwort, dann sét et:)
- Véronique: Huet d'Madame noch verstân?
- T. Germaine: Muer invite'eren mir d'Joffer Thimmes fir d'Nettegiessen, sie muss mir nach e puer Explikatio'nen gin. An Dir versuergt d'Haus wann ech fortsin.
- Véronique: (onro'eg) D'Madame gét fort?
- T. Germaine: De Mercedes könnt mech heihinner ofhuelen.... Mir stellen dann de Programm fun der Löscht zesammen.....
- Véronique: Fun der Löscht?
- T. Germaine: Fun der StömmLöscht, ech réchen meng Kandidatur an, fir Gemenge'conseillier
- Véronique: Ahhh! (le'sst d'Vase fâlen)
- T. Germaine: (be's) Mais Véronique! Mais dât ass jo net me' auszehâlen nat Iech. Mais wât hut Dir dann nômnen de' lesch Zeit, et ass einfach onerhe'ert.

(Sondes den Dâg vun den Wahlen. 5 Auer Ncmettes. Tante Germaine durchwullt e Ste'ss Zeitungen, sie ass ziemlich nervös. D'Joffier Thinnes ass och do. D'Brigitte an d'Odile molen. Et he'ert en e Flieger lânscht fle'en. D'Medercher gin vun Zeit zu Zeit bei d'Fenster fir den Flieger ze gesinn.)

I Scene

T. Germaine, Brigitte, Odile, Joffier Thinnes
T. Germaine Wievill Auer ass et?
J. Thinnes 5 Minuten op 5, Madame
T. Germaine D'Zeit get haut eso' lues erem.
J. Thinnes D'Stemmen gin ere'scht um 6 Auer gezielt
T. Germaine Jo. Oh ech warden net dodrop. Wann jidderen eso' ro'eg wâr ewe' ech.... (verzweifelt). Mais dé Komme'di do, he'ert den da bâl op. Dén Apparat huet ons elo lâng genuch iwert dem Kapp gedrummt.
J. Thinnes Dât sin de' zwé Johannys
Brigitte (bei der Fenster) Oh hei do sin se, juste iwert dem Haus.
Odile Sie fle'en lânscht den Tirmchen.
J. Thinnes (de' och bei d'fenster gelaf ass) Et mengt én, e ge'ng erem emdre'en....
Brigitte Oh, kuckt emol, kuckt do
Odile Oh, jo e gét erôf.
(Oekreisch vum Flieger dé landt) D'Médercher jeitzen.
Odile En ass juste iwert D'Haus geflunn.
Brigitte (weist no lenks) Do ass en erof gangen. Kommt mir läfen se'er op den 1. Stack, vielleicht gesin mir en do nach.
Odile Jo kommt se'er, se'er.
T. Germaine Hei gebliwen. Dirwert dach net weiderfueren mir en decken Kapp ze machen. Bleiwt emol ro'eg setzen an dann môlt der. Dir sit haut zimlech nervös. Et get emmer schlemer. Wievill Auer ass et?
J. Thinnes 7 Minuten op 5, Madame
T. Germaine An et wés nach emmer kén wo' d'Johanny's sech ophâlen?
J. Thinnes Nen Madame, sie verstoppen sech gudd.
T. Germaine Sin sie dann wirklech eso' bekannt?
J. Thinnes Immens. Wann hiren Openthalt bekanntwâr, dann hätten sie geschwenn keng ro'eg Minute me', d'Leit de' se bewonneren ke'men erbei gelâf, d'Photographen, d'Journalisten
T. Germaine Wât hun se dann gemacht fir eso' bewonnert ze gin?
J. Thinnes Sche'n a Gudd Sachen. Den Doktor JohannY, én vun déne jengsten Wessenschaftler op der Welt, huet en aussergewöhnlechen Serum erfond, fir d'Krankhéten aus denen warmen Länner ze behandeln Seng Fra de' och den Dokortitel huet, huet him bei sengen Recherchen gehollef. Sie huet och hiren Brevet als Pilotin gemâchan huet eso'guer e puer sche'n sportlech Rekorden G geschlœen. Mat hirem Flieger, égens fir sie gebaut fle'en sie an de' enléenst Ecker an der Brousse fir de' Krank ze hélen Sie hätten schons immens Schwierigkéten ze iwerwannen, woren schons oftgenug an gro'sser Gefohr, an trotzdem hun se net opgin, bis sie un hirem Ziel woren. D'lescht Joer sin se an Amerika empfangen gin. Sie kruten schons vill Auszéchnungen (net begéschtert) Dât ass jo sche'n awer...eng Frâ de'e Flieger steiert.
T. Germaine
J. Thinnes D'Madame JohannY ass eng vun déne bekanntsten Pilotinnen. Dât verhennert sie awer net eng gudd Mamm ze sinn.

- T. Germaine Hun sie och Kanner?
- J. Thinnes 3 wann ech mech gudd erenneren.
- T. Germaine (ironesch) A we' bekemert sie sech dann em hir Kanner, er Pilotin, er Fliegerin?
- J. Thinnes Ma eso' gudde ewe' sie kann, siew et hei op der Erd oder an der Lucht.
- T. Germaine Hein? Gin de' Kanner och an dé Flieger?
- J. Thinnes D'Madame Johanny trennt sech net gère fun hire Leit.
- T. Germaine Wät eng Famill.
- J. Thinnes Eng vun déne bescht an an berühmtesten.
- T. Germaine Wivill Auer ass et?
- J. Thinnes 10 Minuten op 5
- T. Germaine Wo'soll d'Véronique dann nemme bleiwen?
- Odile Et wert e besschen an de Besch spaze'eren sin.
- Brigitte Mat engem sche'nen Här
- T. Germaine Wät soen de' do? Mais dât ass dachnet me'glech. Joffer Thinnes he'ert dir wät de' dô soen?
- J. Thinnes Jo Madame, mais ech wés net wät de' Jofferen domat wellen undeiten.
- T. Germaine E'schtens, wann et guterzugen Médercher weren, ge'ngen sie sech net an denen äneren hir Gespre'cher meschen, an dann ge'ngen sie keng' eso'topech Sachen verzielen
- Brigitte D'Anette hât dât eng Ke'er gesôt...
- T. Germaine Dann ass et nach net ne'deg eso' Dommhéten ze widerhuelen do soll én sech net emol drun erenneren. Arent Veronique. Ech wéss wuel dass et e besschen gelunge gin ass. de' lascht Zeit, et muss én heiansdô iwer et lâchen, mais dann eso' weit goen an esou eppes Lâcherlechos ze erfannen..
- Odile Et wôr nemmen fir ze lâchen, Tante Germaine.
- T. Germaine Et lâcht én net iwer ellen Sâchen.
(d'Médercher môlen erem weider..et ass e Moment ro'eg)
- T. Germaine Wivill Auer ass et?
- J. Thinnes 20 Minuten op 5, Madame.
- T. Germaine An dir sôt dir hett de muergen, während dir am Wahlbüro gehollef hutt, wirklech...
- J. Thinnes Ganz vill Leit gesin de'stemmen wâren, jo Madame
- T. Germaine Et gin der nemmen e puer de' net stemmen?
- J. Thinnes Gewess Madame e puer oder guer keng.
- T. Germaine Oh ech régen mech net op, nén...dât gang jo och neischt dengen...mais et gin dach bestemmt Leit de'ongedelleg gin, d'ass komesch(op em'el ganz nervös) Mé fand' dir net dass et opregend ass? D'Véronique ass hei fortgâng ge'ngt 2 Auer elo, um 14 Auer 15...fir stemmen ze goen...op mein Befehl... an um 1/2 6 ass hat nach net erem. Wät soll et nemmen gemâch hun.
- J. Thinnes Et huet vleicht lang gezeckt e'ler hat an den Wahlbüro eran gangen ass?
- T. Germaine Ech hât him alles gut explize'ert, ech hât him gesôt wät fir enZiedel et soll an d'Enveloppe stiechen. Hett ech et dach nemmen de muergen matgeholl, dann were mir zesummen gângen Hoffentlech huet et sech net erem e puer Extravaganze n gelâscht.
- J. Thinnes Mir kennen vielleicht d'Berta froen, op et d'Véronique net gesin huet. Ech mengen se sin zesummen fortgângen.
- T. Germaine An d'Berta ass schons erem?
- J. Thinnes Schons lâng.
- T. Germaine Jo dann...wann dir wellt bei hat goen, J. Thinnes
- J. Thinnes (gét aus) Ech lâfen bis an d'Kichen.

T. Germaine, Brigitte, Odile

Odile Kuckt emol, Tante Germaine, mein bengaleschen Po'fank op den Orchideen...

T. Germaine (net bei der Sach) Jo, jo... (fir sech) 2484 Wiehler... dat ge'fen dann...

Brigitte Ech hun e japaneschen Sprangbur kope'ert.

T. Germaine Lösse mir emol unhuelen et weren 400 de' sech enthâlen... Oh nén net eso' vill... (zu den Médercher)
Jo, jo et ass ganz gut dé bengaleschen Po'fank am Sprangbur dén... Japaner an der Orchidee.

3. Scene

T. Germaine, Brigitte, Odile, J. Thinnes dann d'Berta

J. Thinnes (kennt eran a lâcht) Madame...

T. Germaine Wât dann?

J. Thinnes Ech hun mir erlâbt zum Berta ze goen et soll emol bis erop kommen, well ech muss gestoen, ech gin net ens mat songen Explikatio'nen. Hat wât soss emmer eso' kurz gobonnen ass, get net ferdeg mat schwetzen, an ech mengen et huet e besschen ze vill am viraus de Sieg vun senge Kandidaten gefeiert.

T. Germaine Né.

J. Thinnes Oh et ass net eso' schlemm...

T. Germaine Lösst et eran kommen

(J. Thinnes mecht d'Dîr op, d'Berta kennt eran, wann me'gleich eng gro'ss an deck Kechin, Gét richt an steif. De' Steifhét muss wirken ewe' wann se o'ni de' ge'ing wackelen

T. Germaine A Berta sit dir erem vum Granzén?

Berta (wât ebesschen zevill gedrank huet) Madame... Dir gesit bei virun iech èr Môd.. de' ganz stolz ass... a ganz gere'ert

T. Germaine Merci Berta

Berta An ech.. ech hun meng Pflicht gemâch. Madame, meng Pflicht fir d'Madame an dann fir d'Land... ech gre'ssen et... mei Land, ech gre'ssen.

(d'Medercher verstoppen sech fir ze lachen)

T. Germaine D'ass gudd Berta, ganz gut.

Berta (kre'scherech) Ah. Wann dir dât gesin hätt, Madame, we'metschgie'weg se all waren, alles fir d'Madame... wann dir dât gesin hätt. D'ass ganz einfach, um Hémwé sin ech agelueden gin.

T. Germaine We' dât dann?

Berta Ech konnt net ôfschlâen, et wâr jo fir d'Madame. An dun é Glieschen Riesling, dén den Epicier mir offre'ert huet, bei der Geme'sfra wollten se hun ech sollt e Glass Ruländer drenken, en ânert Glass Riesling Perlé an der Molkerci....

T. Germaine (op d'Seit) Mei Gott.

Berta An alle Ke'er huet d'Fläsch missen eidel gemâch gin... wât mengt Dir... et go'f nach Pinot an Auxerois beim Metzcler

T. Germaine Oh la la

Berta (fängt bâl un ze kreischen) An dann an der Mercerie... Oh, also dâ.. eng kleng se'ss Dröpp (kreischt) Ah Madame, eng se'ss... Dröpp... Mm an dât alles fir d'Madame, Vive d'Dröpp, nén.. vive d'Madame.

T. Germaine (zur J. Thinnes) Mais dât ass jo schrecklech.

Berta (begéschtert) Wann dir gesin hätt ewe'fro'se all wâren... Ah. Sie hun Iech all gär, Madame, dât stemmt. Anech... ech hun Iech och gär. O mei.. wât hun ech Iech gär... ech kann Iech et beweisen. No all dem... do huet de Bäcker mech nach eran geruff abé an do, op d'Madame et gléft oder net... do, hun se eng Fläsch

Champes zum beschte gin.

- T.Germaine Joffer Thinnes, Wât solle mir nemmen machen?
- Berta An all de' Leit sin fir d'Madame. Mir hun geprost op d'Wahlen an dass d'Madame soll gewielt gin... An sie mengen dât eso' we' se drenken. T'ass alles am Escht. Ech konnt net ofschoen ech hun d'Madame vertratt... an ech; Madame... ech hun d'Madame gär... oh jo, ech hun d'Madame gär...
(gét op sé dur fir sé ze emärbelen)
- T.Germaine (gét zreck) Majo, majo, Berta, dât ass le'f vun iech, mais dir musst elo e besschen raschten goen.
- Berta Ech sin net midd... Ech gin elo de Kicheschaf raumen an ech muss d'Glieser nach spullen
- T.Germaine Nén, nén, rascht e besschen, Berta, haut ass Senndeg, an dann schaffft én net
- Berta Ech sin jo och eng Grimmel midd, t'stemmt
- T.Germaine Maja, da git schlôfen, Berta
- Berta Ech gin (dre't sech erem öm, kreschereg) Mais d'Madame muss mir awer soen dass sie gewielt gin ass... a wann net... wann net, dann sprangen ech an eng Bitchen Wasser, mam Kapp fir.
- T.Germaine Jo, Berta, jo ech gin gewielt... ech, wât soen ech dô, gewielt? Git elo op èr Kummer raschten, d'Joffer Thinnes könnt no Iech kucken
- J.Thinnes Jo ech mâchen Iech eng Tâss Kame'len te'
- Berta Kame'lente', ma dir wellt mech vergeften.
- J.Thinnes Dén helleft fir dass dir muer kén decke Kapp huet. Mei Kame'lente' schmâcht ganz gut, dir wêrt gesin. Ech mâchen will Zocker dran. Allez kommt elo.
- Brigitte Tante Germaine, an d'Véronique?
- T.Germaine We'?
- Odile D'Véronique
- T.Germaine T'ass wo'er, d'Véronique. Berta wo' huet Dir d'Véronique gelôss
- Berta (lues an éscht) D'Véronique dât huet des Erd verlôss.
- All We'? Wât?
- T.Germaine Wât wôllt dir domat soen, Berta?
- Berta (t'selwecht ewe' virdrun) Et ass fortgeflunn...
- T.Germaine (entgéschtert) Fortgeflunn? D'Véronique?
- Berta An d'Wolleken... pfft. (lâcht)
- T.Germaine Git mat him aus Joffer Thinnes.
- J.Thinnes Mâcht iech keng Suergen, Madame, t'ass eng Affair vun e puer Stonnen. Ech mâchen him nach den te' an dann ass et och Zeit fir mech ze goen.
- T.Germaine T'ass wo'er. Elo gin d'Stemmziedelen gezielt. Ah, wât ass dât e Fe'wer. Wât eng Oprégung. Mais ech... ech sin ganz ro'eg Joffer Thinnes, dir kennt goen. Berta dir och.
- Berta (an der Dîr) Ah Madame, ech ge'ng gären all Dâg zreck an den Wahlbüro goen... fir dass d'Madame soll é gro'ssen Staatsmann gin
- T.Germaine (dreckt et zur Dîr eraus) Jo, jo, t'ass gut
(d'Joffer Thinnes ze't d'Berta mat fort. Brigitte an Odile lâchen hârt)

4. Scene

- T.Germaine, Brigitte, Odile a gleich d'Véronique
- Brigitte Tante Germaine, ass én eso' wann én foll ass?
- T.Germaine Foll, wellst du kén eso' én Wuert soen. D'Berta ass net foll hat huet sech iwerraschen gelôss... mais ech mengen trotzdem et ass bedronk... oh mais wât soen ech dô? Ma wât ass dann nemmen lass an dem Haus elei haut?

(D'Véronique kennt baussen lãnscht d'Fenster et huet den Hut hannen op dem Kapp setzen, d'Hoer durchernén do henken, ze't den Schãl emmer me' fest em den Hals, kuckt emmer me' verdutzt dran. T, wackelt e besschen wann et era kennt)

Véronique AAh..et dre't sech alles...

T.Germaine Nén d'Véronique och?(gét bei et)Wo' kommt dir elo hir

Véronique Aus dem Himmel:

T.Germaine Dât ass zevill...Kanner git e besschen mam Volant an de Park spillen

Brig.+Odile Jo,tante Germaine (gin aus,mé net gâr)

5. Scene

T.Germaine, Véronique

t.Germaine WÛllt dir mir elo vielleicht explize'eren?...

Véronique Ah Madame,ech wollt schons lãng mat iech schwetzen..dât get elo eng lãng Explikatio'n....

T.Germaine An ech hun net vill Zeit

Véronique (setzt sech lues op e Stull)A Madame, we' ass d'Welt dach eso' kleng

T.Germaine We'

Véronique D'Welt ass ganz kleng, jo...wann én se vun dô uewen geseit. d'Heiser sin ewe' Steng,d'Menschen ewe' Séjmessen...den Haf Madame,èren sche'nen Haf,eng ganz kleng Muschel.

T.Germaine Des Ke'er ass sie wierklech geckeg.Wât ass Iech dann geschitt

Véronique (ganz douce) Ech sin gedéft gin.

T.Germaine Oh

Véronique Jo...haut...et sin nach vill Sachen de' d'Madame net wéss... ech wollt der Madame eng Ke'er alles erzielen,fir mech unzekloen,fir hir ze soen dat ech net ganz schelleg sin... ech hat dé Besuch metten an der Nuecht net erwãrd.

T.Germaine (stellt sech virun et)Wât hut dir gedronk?

Véronique Ech Madame? Ech hun Loft gedronk an d'Blôt vum Himmel

T.Germaine (op d'Seite) Et mecht mir et bãl angscht. (zum Véronique)

Véronique Dann war et sche'n mam Berta zesammen?

Véronique D'Berta,nén Madame,mir sin ausernéen gãngen,eso'bãl we' mir aus der Scho'l eraus ko'men

T.Germaine Aus der Scho'l. Gut,elo gin mir dann vielleicht eppes weider gewuer.Also dir wart an der Scho'l. Dir sit um 2 Auer vun hei fortgãngen an dir kommt ere'scht um 6 Auer erem.Zenter enger Stonn hun mir ens hei de' gre'ssten Suergen gemach.

Véronique Wât hut dir de' Zeit gemach?

T.Germaine Oh. Ech sin hei lãnscht komm,net weit ewech...

T.Germaine Wo'dann?

Véronique (weist op de Plafong) Uewedriwer.

T.Germaine We'uewendriwer?(op d'Seite) Sie huet de Kapp verluer, de' Arem(zumVéronique) Lõsse mir erem zreck zur Scho'l kommen Dur wãrt dir jo higãngen,gellt?

Véronique Ma jo..

T.Germaine Fir ze stemmen?

Véronique Fir ze stemmen jo Madame

T.Germaine Enfin. Anwe' ass dât da gãngen? Huet dir de' Lõscht gud fond de' ech iech gewisen hãt?

Véronique Oh fir dât Madame,ech hun sie all un der Nues erem gefo'ert

T.Germaine Un der Nues?...

Véronique Jo un der Nues erem gefo'ert. Et woren dô Herren de' mech bekuckt hun an geduecht hun:Hei do ass d'Gouvernante vum Haff,de'stemmt ganz secher vir hir Méschtesch. Mais dô hun ech se irrgefe'ert...fir dass sie net sollen mengen...

- T. Germaine (onro'eg) An dun?
 Véronique An dun...ma dun hun ehameng Enveloppe de' áner Löscht gestach.
 T. Germaine (sprengt op) Hein? Mais dir hut dach secher de' net.....
 Véronique An den Behälter geheit? Dach Madame.
 T. Germaine (be's) dir efalt. Tôpert.....Dir hut fir meng Gegner gestemmt
 Véronique Mé et wor dach nemmen dass kén eppes soll an uecht huelen
 T. Germaine A nén, genug. Dir sit zevill domm.
 Véronique Madame...
 Tante G. Losst mech mat Ro'. Ech gin op meng Kummer. Ech kann elo kén me' gesinn.
 (gét aus a klâckt d'Dir zo')
- Véronique (eleng- no enger Weil) Ah wann én mir gesôt hätt, ech ge'ng eng Ke'er an eso' én Apparat klammen. Oh dât Angèle ass des Deiwels. An un all dém sin de' hêrzeg Kanner schold, de' gären gehat hätten, ech soll se begléden...Mein Herz ass bestemmt net me' op der richteger Platz... (kuckt sech am Spiegel) Oh meng Hoer sin jo ganz zerzaust, mon Dieu... Ech muss mech op kämmen goen... (bedenkt sech e besschen) Am Fong geholl, ech hunniwernâpt neischt verstanen vun dem Behälter do, der Urne... Fir wén soll ech dann elo eigentlech gestemmt hun?
 (gét de' eng Seit eraus. T. Germaine konnt de' áner Seit nés eran)
- T. Germaine (nervös) Et kann én ne'erens eng Minute Ro' fannen
 (d'Médercher kommen mam Annette eran)

6. Scene

T. Germaine, Annette, Brigitte, Odile

- Brigitte Tante Germaine, d'Annette ass hei
 T. Germaine D'Annette, a wât kennt dât dann hei mâchen?
 Annette (le'f) Madame Bernard, mei Pappa streng helleft och zielen mei Papp scheckt mech fir iech ze soen dat alles ufängt.
 T. Germaine Ah. Dei Pappa streng helleft och zielen.
 Annette Jo, ech lâfen erem zreck bei hien, an dann kommen ech iech d'Resultat matdêlen.
 T. Germaine Oh ech sin net presse'ert, guer net presse'ert, nén. Abé mei Kand dann lâft se'er,
 Annette (lâcht) Ech gin jo schons, ech lâfen (ass fort)
 Odile Geseit eso' dât modernt Liewen aus, T. Germaine?
 T. Germaine Ma nén. Wât sés du do topecht Kand? Dat modernt Liewen kennt nie bis hei éran
 Git mam Volant spillen. (Médercher gin aus)
- T. Germaine (gét vun engem Eck an den aneren) 1/2 7 Auer. Elo werden se bâl eso'weit sin (kuckt de Portrait vun hirem Mann)
 Ah mein le'wen Albert. Wât sollen se ons matdêlen kommen. Wann ech emol ge'ng nôm Berta kucken goen. Hat kann mir vielleicht e puer Détailler sœn... (gét aus)

7. Scene

Chantal eleng, dann T. Germaine an zum Schluss d'Véronique

- (d'Bühn bleiwt é Moment eidel. d'Chantal Johanny, nemmen eng kleng Schwammbox un, kennt mat enger Dre'uergel (Spillsâch) emmer me' no bei d'Dir, dann kennt et eran op d'Bühn, gétt alles rondem kucken a spillt nach emmer mat senger Orgel)
- T. Germaine (Kennt eran) d'Berta schle'ft ewe' e Murrelde'er
 (geseit d'Chantal) Oh e Kand...a ganz plackeg.

- (d'Véronique kennt eran, dé e Krésch ewe' et t'Chantal bei der Madame geseit.)
- T. Germaine Wien ass dat Kand?
Véronique (Ganz durchernén) Et ass ... Et ass neischt, Madame ... et... et ass neischt.
- T. Germaine Wat sot dir do?
Véronique Jo... dat héscht ... nén (werft sech op t'Kne'en) Madame et ass schrecklech; ech hätt Iech dé Féler schons lang missten agestoen.
- T. Germaine E Féler agestoen. Mais wat fir e Féler? Wat agestoen.
Véronique T'Leit alleguer hu geschlof... et wor Kuecht...
T. Germaine (Hält sech de Kapp un) Ass den Tour elo u mir fir de Verstand ze verle'eren?
- Véronique Ech wollt net nén soen
T. Germaine Ma Véronique et ass dach net me'gelech. Dat Kand elo...
Véronique Et sin der nach zwé do, Madame.
T. Germaine Onglecklech de' dir sit.
Véronique Verzeit mer, Madame
T. Germaine Ah. Mais... Ech geng ower gär wessen. An dé Mann dann?
Véronique Wat fir e Mann?
T. Germaine Dé Mann mat dém dir gesin go'ft we' et sche'nt am Besch an beim Gelänner vum Park.
Véronique De Bob?
T. Germaine En héscht also Bob? Dann hut dir mech also eso' lang belun?
Véronique (Kreischt) Drei Wochen lang, Madame.
T. Germaine (Sprengt op) We', drei Wochen? Dir hut drei Kanner an drei Wochen krit?
Véronique (Fällt mam Kapp op de Buedem) Ah! t'Madame huet gerengt... Elo bleift mir weider neischt me' ewe' ze stierwen... Ech schummen mech zu do't. Ech setzen mech hin op de Buedem a warden op den Do't...
T. Germaine Ah nén, do verstét jo kén Mensch me' eppes. We'ni gengt dir mir dann endlech emol alles explize'eren?
(t'Brigitte an t'Odile kommen eran)

8. Scène

- T. Germaine, Véronique, Chantal, Brigitte, Odile, Mme Haas.
- Brig.+ Odile Tante Germaine, t'Madame Haas kennt.
T. Germaine Bringt dir Condoléancen?
Mme Haas Wellt dir wuel ro'eg sin, dat définitivt Resultat ass nach net eraus, mais ech mengen, ech kann iech soen, mir sin un der Spetzt.
- T. Germaine Wirklech, ech gestin an, et get mir e besschen schwindeleg.
Mme Haas En e'schten Sieg an der Politik, Mme Bernanrd, mais mech fe'ert eppes ganz aneshtes heihin.
- T. Germaine Wat dann?
Mme Haas Dir kennt iech wirklech gut verstellen, an dach kann ech iech nemmen vir èr Discrétio'n félicite'eren, mais... kennte mir net zu E'eren vun den Wahlen vun Granzen den Inkognito vun ère berühmten Gäscht leften.
- T. Germaine Ech verstin net?
Mme Haas Ech mengen dir sit ons dat schelleg. Iwregens et ass vir kén me' e Geheimnis. Jiderén wéss, dat Johanni's sech bei iech ophalen.
- T. Germaine T'Johanni's bei mir?

Mme Haas Majo, am Gärtnerhaus. Sie sin do mat hiren Kanner
T. Germaine Ahhhh... (kritt eng Erleuchtung)
Mme Haas Hir Bescheidenhét mecht hinnen E'er, mais trotz allem
zevill ass zevill. D' Leit ge'ngen se gären gesin a
bewonneren. Bewonnerung ass eng gut Sach...
T. Germaine Meng le'f Madame Haas, ech si ganz mat iech d'accord,
mais ech versechere iech, dass ech guer neischt dovun
wéss, dass t'Johannis' op mengem Besetztum liewen.
Mme Haas Ah. zum Beispill.
T. Germaine (Weist op t'Véronique) Mais, bestemmt get et én heibannen,
dé me' dovuner wéss.
Véronique Madame... ech.... dat héscht ...
Angèle (Dobaussen) Chantal... Chantal... wo' bass de
(Angèle stét an der Dir a geseit nemmen sei Kand)

9. Scène

T. Germaine, Véronique, Brigitte, Odile, Mme Haas,
Chantal, Angèle
Angèle (Kennt eran) Chantal ah hei bass du!
T. Germaine Oh!
Mme Haas Madame Johnny; wat eng E'er. Wat eng Frédéric iech d'Hand där
fen ze drecken.
T. Germaine Madame Johnny?
Angèle (Gét bei T. Germaine) Tante Germaine!
T. Germaine Angèle! Madame Johnny?
Angèle Chantal, go' gef der Tante Louis XIV e Kussan da sés
hier den Mamm'geng gären datselwecht machen, wann se
därf a wann Tante Germaine hier verzeit.
T. Germaine (Huet dem Chantal e Kuss gin a streckt dem Angèle d'Aerm
entge'nt) Angèle...
Angèle (Léft bei T. Germaine) Tante, le'f gud Tante Germaine.
Mme Haas Angèle, mais d'ass wo'er, hat ass et wierklech. Dann ass
t'Madame Johnny hei vun Granzen. An dir wo'sst net, dat
dir eso' eng berühmt Niess huet, Mme Bernard.
T. Germaine We'? Mais ech verstin net.
Angèle Ech hun eso' vill geschriwen an nie eng Aentwert kritt
an du hun ech beschloss selwer ze kommen. Mei Mann huet
mech encourage'ert. Hie wollt Tante Louis XIV och kenne-
le'eren. Ech hun him eso' vill vun hier erzielt, dass
hien sie och elo gären huet.
T. Germaine Mech gären huet? Mais du bass mir jo fortgelaf.....
Angèle Ech sin net vun iech fortgelaf, Tante Germaine, mais virun
ëren Ideen aus engem aneren Joerhannert. Ech wollt mat
menger Zeit liewen, ech wollt eppes fir dest Joerhonnert
machen.....
Mme Haas Ah! ... Jo! ...
Angèle (Bescheiden) Jiderén mecht sein Dél, mein stellt net me'
duer, mais e stecht me' an t'Aen, dat ass alles. Ech sin
vun hei forgangen, dir hut dat net verquest, an eso'
sin t'Joer eriwergangen an si gin emmer me' schnell.
T. Germaine Leider!
Angèle An dun hu mir beschloss, de Bob an ech...

T. Germaine (Kuckt t'Véronique) Ah jo de Bob!
 Angèle Mei Mannfir iech ze iwerraschen. Mam Véronique senger hémlecher Hellef hu mir eis am Gärtnerheischen installe'ert.

T. Germaine (Lacht, zum Véronique) Verre'derin.
 Angèle t'Véronique sollt hei den Terrain prépare'eren, vir dat mir ons enke'er kennten eremgesin.

T. Germaine Ah so' war dat?
 Véronique Mais t'Madame huet dat nie verstan!
 T. Germaine Ech froen mech awer wien der Deiwoi eppes verstoe sollt. Wann dat Kand do net gewiescht wär.....

Mme Haas Dann ass et also him ze verdanken, dass elo alles geklärt ass. Dir wert mat Stolz èr berühmt Neveuen de Leit vun Granzen virstollen....

T. Germaine Dir kennt op mech zielen.... Mais t'ass wo'er, mein Neveu wo' ass en?
 Angèle Ech lafen him soen, dat hien elo endlech Tante Louis XIV kennele'eren därf.

T. Germaine Tante... we' hues de gesot?
 Angèle Tante Louis XIV, dat ass net be's gemenkt. De Bob huet iech den Num gin, mais mat allem Respekt a Le'ft, de' e fir t'Sche'nheten vun der Vergangenhét huet.

T. Germaine (Lacht) Tante Louis XIV, dat stemt elo awer net me'....
 Annette (Vun dobaussen) Madame Bernard!, Madame Bernard!
 T. Germaine An t'Prov dofun....
 Annette (Kennt eran) D'Madame ass gewielt!

1o Scene

T. Germaine, Véronique, Brigitte, Odile, Mme Haas, Charsal, Angèle, Annette, J. Thinnes
 (fro'h) Ahhh!
 All (zum Angèle) an d'Pro'f dovun, hei ass so! (emerbelt Angèle
 T. Germaine Meng Félicitatio'nen, Mme Bernard.
 Mme Haas Merci. An dir soen ech och merci, Annette
 T. Germaine Derf ech iech och eng Bés gin?(Get him eng)eng fir mech
 Annette (get hir nach eng) an eng fir mei Papp, hien hât eso' zu mir gesôt!

T. Germaine Dé gudden Pappa Streng. Ech gin derno bis bei hien.
 Brig.+Odile (hâlen e Bouquet an d'Lûcht, den sie bis elo verstoppt haten) Vive d'Mme Conseillier!

T. Germaine An dir hut eso'guer un d'Blummen geduecht. (emerbelt sie och)

J. Thinnes (kennt eran)Den Herr Burgerméschter erwârt de'Damen fir den E'erewein

Mme Haas Dalösse mer gleich goen, dass den Herr Burgerméschter neß brauch ze wârden!

Véronique Mir kennten vielleicht den Piper huelen, dann gr'ng et me' schnell goen

T. Germaine Mei Gott d'Véronique schwetzt vun engem Flieger.
 Angèle D'Véronique so'tz jo och haut fir d'e'schte Ke'er an engem Flieger an et huet de' Fahrt gudd iwerstânen.

T. Germaine Ahh elo verstinn ech alles.
 Angèle Brigitte derfen mir och eng Ke'er...
 Odile Jo, mir ge'ngen och gâren eng Ke'er matfle'en, derfe mir?
 T. Germaine (streng ewe' am e'schten Akt) Dir derft mam Flieger fle'en, wann dir èr Handârbecht gudd gemacht hut.